– *vu les discussions y afférentes menées au sein de la Commission des Affaires Intérieures et de la Commission de la Santé en date des 27 février et 16 avril 2002;*

– *vu les informations supplémentaires apportées par les représentants du Ministère de la Santé et du Ministère de l'Intérieur;*

invite le Gouvernement

– *à étendre l'étude en question sur d'autres systèmes fluviaux du pays afin d'avoir une vue générale représentative sur l'ensemble du réseau hydrographique du pays quant à la contamination éventuelle de la faune piscicole par des dioxines et des PCB;*

– *à considérer également d'autres contaminants potentiellement toxiques pour l'homme ou écotoxiques pour le milieu aquatique, et plus particulièrement les métaux lourds tels que le cadmium ou le mercure ou des micropolluants organiques réputés être bioaccumulables ou difficilement biodégradables (hydrocarbures polycycliques aromatiques, pesticides, substances chlorées, etc.);*

– *à poursuivre les discussions avec les instances françaises et allemandes dans le cadre des Commissions Internationales pour la Protection de la Moselle et de la Sarre (CIPMS) pour maîtriser la pollution transfrontière par les substances en question, y comprise la pollution résiduelle originaire d'anciens sites industriels contaminés;*

– *à définir des directives visant plus particulièrement les populations à risque, pour la restriction éventuelle de la consommation de poissons pris dans les cours d'eau contaminés, notamment en ce qui concerne les anguilles de la Moselle, ceci en collaboration avec les autorités françaises et allemandes;*

– *à continuer les efforts visant à la surveillance systématique de la teneur en substances dangereuses dans les eaux superficielles et souterraines et représentant un risque significatif pour ou via l'environnement aquatique, ceci à la lumière de la Directive 2000/60/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2000 établissant un cadre pour une politique communautaire dans le domaine de l'eau ainsi que de la Décision No 2455/2001/CE du Parlement européen et du Conseil du 20 novembre 2001 établissant une liste de substances prioritaires dans le domaine de l'eau, et de mettre tout en œuvre pour réduire, voire éliminer à la source la pollution des eaux par ces substances;*

– *à donner à la future Administration de la Gestion de l'Eau les moyens nécessaires (crédits budgétaires, ressources humaines) pour qu'elle puisse exécuter convenablement les multiples tâches dictées par la législation communautaire prémentionnée.*

(s.) Marco Schank, Jean Colombera, Camille Gira, Gusty Graas, Jos Scheuer.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Motioun.

Elo fuere mer weider mat eiser Diskussioun. Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

3. Débat d'orientation sur le développement durable au Luxembourg – N°4777 *(Suite)*

Discussion générale (Suite)

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll lech, ier ech ufänken, prévenéieren: Ech fänke mat engem Zitat un, wat ech aus dem Däitsche fräi op Lëtzebuergesch iwwersat hunn.

„An deene leschten 200 Joer ass d'Surface vun eisem Planéit ëmmer méi séier verännert, opgerappt a verwüst, ass d'Loft verännert a sinn d'Waasserleef verduerwe ginn.

Näischt leeft méi esou, wéi et déi lescht Jordausenden an esouguer nach déi lescht Jorhonnerten am natierleche Rhythmus vum Himmel a vun der Äerd zouverléisseg ofgelaf ass.

D'Ereegnësser hunn e verréckten Tempo an eng global Gläichzäitegkeet ugeholl, an deem hirem Trëndel mer alleguer besënnungslos eragerappt ginn.

Mer erliewen de Moment dat faszinéierend Schauspill, wéi eng Aart vu Liewewiesen – nämlech eis eegen – déi kosmesch Tragédie vun hirem Ënnergank inszenéiert."

Dir verstitt elo, woufir ech lech prévenéiert hat. Dat ass selbstverständlech net vu mir, mä deen Text ass d'Introductioun vum däitsche Philosoph a fréieren CDU-Politiker Herbert Gruhl zu sengem Bestseller „Himmelfahrt ins Nichts", deen 1992 erauskomm ass.

Haut, zéng Joer méi spéit, muss een unerkennen, datt hien a sengen düstere Prévisiounen net nëmme Recht behalen huet, mä si sinn deelweis souguer nach iwwertraff ginn.

D'atmosphäresch Temperatur ass, souwäit mer dat zréckverfollege kënnen, nach ni sou séier geklomme wéi an deene leschten zéng Joer, vun den Äiskapen un de Pole brieche Stécker of, déi zéng Mol méi grouss si wéi eist Land. D'Klimakatastrophen hunn an engem iwweraus geféierleche Mooss zougeholl, déi lescht Tropebëscher sinn an zéng Joer ofgeholzt, wann et an deem jëtzegen Tempo weidergeet, an d'Wüste breede sech onheemlech séier aus.

Deen Thema, deen am selwechte Joer 1992 zu Rio op der Tagesuerdnung stoung an elo erëm am Hierscht

2002 zu Johannesburg zu konkrete Resultater féiere soll, ass also um weltwäite Plang méi wéi jee aktuell a kann a senger Urgence an a senger Dramatik net héich genuch ageschat ginn.

Mir hei zu Lëtzebuerg sinn en extrem klengt Land an hunn duerfir och nëmmen en extrem klengen Afloss op dës fatal Entwécklung.

Entléisst dat eis awer aus eiser Verantwortung? D'Äntwert ass: Ganz sécher net!

Dat ëmsou méi, well mir zu deene räichste gehéieren an duerfir och proportional mat am meeschten zu dëser Entwécklung bäidroen, duerch en excessive Verbrauch vu fossiler Energie haaptsächlech.

Wat versti mer elo ënner nohalteger Entwécklung?

Ech géif soen, et kënnt een eng kuerz Definitioun gebrauchen: Et ass de Contraire vun deem, wat een ënnert „Après nous le déluge" versteet.

Dat misst eigentlech, an der Politik, eng Selbstverständlechkeet sinn. Et ass et awer net, well eis fräi – oder sozial, doriwwer ginn d'Meenungen auserneen – Maartwirtschaft aner Gesetzméiglechkeete kennt. Duerfir ass de Stat, d'Stategemeinschaft, de Pouvoir réglementaire gefuerdert.

Mir hunn an eisem Dokument festgehalen, datt et ëm eng optimal Vernetzung vun dräi Beräicher geet: dem Sozialen, der Ekonomie an der Ekologie.

Ech muss soen, déi Reiefolg, déi stéiert mech schonn dès le départ, well ech mengen, et geet haaptsächlech hei ëm d'Ekologie. Wa mer déi Problemer net an de Gréff kréien, da kréie mer iwwert den anere Wee déi Problemer, déi do entstinn, och net geléist.

Et ass och onëmstridden, datt déi dräi Beräicher matenee vernetzt sinn, mä et soll een awer net probéieren, de Fësch am Waasser ze erseefen. „Qui trop embrasse, mal étreint", seet de Fransous. Dat ass eng Kritik, déi mir als ADR un der Aart a Weis unzebréngen hunn, wéi hei versicht gëtt, bal alles, wat et an der Politik gëtt, an den Débat iwwert d'Nohaltegkeet eranzepaken.

Duerfir si mir der Meenung, datt et noutwendeg ass:

1. sech op déi wichtegst Beräicher ze konzentréieren;
2. fir dës Beräicher konkret Ziler festzeleeën – dat ass jo luewenswäerterweis zu engem groussen Deel geschitt;
3. dësen Ziler an eiser Législatioun e contraignante Charakter ze ginn;
4. d'Mëttele bereetzestellen, finanziell a personell, fir d'Ziler ze erreechen; an
5. d'Evolutioun, dat heescht Erfolleg oder Mësserfolleg kontrolléieren a gegebenenfalls Korrekturen unzebréngen.

Ech hu gesot, sech op déi wichtegst Beräicher konzentréieren. Dat heescht fir d'alleréischt, déi natierlech Grondlage schützen, se erhalen, an eventuell Schied reparéieren. Dat si fir d'éischt d'Atmospär – ech hunn elo grad drop higewisen –, Loft, d'Auswierkungen op d'Klima, et ass d'Waasser, et ass de Buedem, an et ass dat, wat et um Buedem gëtt, nämlech d'Flora a Fauna.

Do gëtt et natierlech eng enk Vernetzung ënnereneen, mä d'Protectioun vun den natierleche Grondlage muss d'Prioritéit hunn, well si sinn d'Basis vun der mënschlecher Existenz an och vun all mënschlecher Aktivitéit.

Natierlech sinn och eng staark, nohalteg Ekonomie an en enkt soziaalt Netz noutwendeg. Aarmutt an Onwëssenheet, dat gesi mer an der ganzer Welt, féiert bal ëmmer zu Zerstéierung vun den natierleche Grondlagen. Ech weisen op d'Sahel-Zon hin, wou, wann d'Situatioun net esou aarm wär, d'Leit net bräichten drop zréckzegräifen, fir déi lescht Vegetatioun, déi do ass, ofzeholzen, fir sech kënnen e Feierchen ze maachen.

Eng staark Ekonomie dergéint ass fäeg, sech am Aklank mat der Natur ze organiséieren. Se muss also net am Widdersproch mat der Natur stoen. Zum Beispill duerch Entwécklung a Produktioun vun erneierbaren, dat heescht ëmweltfrëndlechen, Energien, duerch Recyclage vu Matière première, duerch Recherche an Entwécklung vun intelligenten Technologien, an och duerch Sensibilisatioun a Mobilisatioun vun der Populatioun fir eng nohalteg Entwécklung.

Ech hu gesot, mer musse Schwéierpunkter setzen an der Klimaproblematik, an dobäi denken ech virun allem un d'Energieproblematik, déi ass absolut prioritär.

Méi enk dermat verbonnen: d'Propperhale vu Waasser; d'Waasserproblematik weltwäit selbstverständlech, souwisou, wann d'Klima changéiert. Dat gesi mer wéi d'Waasserknappheet op eng ganz geféierlech Aart a Weis a villen Deeler vun der Welt zouhëlt.

Et ass d'Fro vum Buedem. Rëm weltwäit gesi mer, datt fruchtbar Biedem onheemlech séier ofhuelen duerch Erosioun, duerch d'Fortschreide vun de Wüsten, duerch Versalzung, wou jo eng Katastroph bevirsteet, wann de Mieresniveau esou sollt usteigen, wéi d'Wëssenschaftler eis dat viraussoen, an duerch d'Urbanisatioun.

Dat véiert ass d'Biodiversitéit. Mat der Zerstéierung vun de Reebëscher, déi den allergréissten Deel vun den Aarten – de Moment nach – beherbergen, der Klimaverännerung an der Intensivéierung vun der Landbewirtschaftung lafe mer Gefor, e groussen Deel vun der Biodiversitéit, déi elo nach besteet – en Deel dovun ass scho fort –, weider ze zerstéieren. Dat stellt fir d'Mënschheet eng grouss Bedrohung duer, well hei immens Potentialitéiten draleien, déi onwidderrufflech verluer sinn, wann se eng Kéier fort sinn.

Den Thema nohalteg Entwécklung huet eng international an eng national Connotatioun.

Um internationale Plang – Gott sei Dank – ass zënter enger Rei vu Jore munches a Bewegung geroden. Et muss iwwer weider Traitéen a virun allem Réglementatioun vun den Handelsspillregelen an Entwécklungshëllef am Sënn vun Nohaltegkeet agéiert ginn.

Um nationale Plang gi mir Prioritéit:

1. der drastescher Reduzéierung vum CO_2-Ausstouss;
2. dem Schutz vun eise Biedem, eiser Natur, eise Bëscher;
3. der Sanéierung an dem Schutz vun eise Gewässer.

Här President, de Klimachangement wäert virun allem eis Kanner treffen. Virun zwee Deeg war en Artikel am Lëtzebuerger Wort op der éischter Säit, wou den Office parlementaire des choix scientifiques et technologiques vu Paräis mat dramatesche Konsequenze fir Frankräich rechent, an dat ass bekanntlech eist Nopeschland. Se schwätze vun enger Bombe de retardement mat Effets explosifs am Joer 2100.

2100 misst eis lo net onbedéngt beonrouegen, wa mer net nohalteg géingen denken, dat heescht un déi, déi hannerun eis kommen.

An der Bundesrepublik Däitschland huet virun e puer Deeg de Physiker an Nobelpräisdréier Karl Friedrich von Weizsäcker seng 90 Joer gefeiert an en huet an engem Interview gesot, datt Kyoto bei wäitem net géif duergoen, mä datt ee misst bis 2050 eng Reduktioun vum CO_2-Ausstouss ëm mindestens 80% erreechen.

Eng Kommissioun vum däitsche Bundestag ass virun zwee Deeg majoritär zum Resultat komm, datt dat méiglech ass, souguer wann d'Bundesrepublik Däitschland géif op nuklear Energie verzichten.

Zu Lëtzebuerg seet de Wirtschaftsminister, d'Zil, 2010 10% vum Stroum aus erneierbaren Energien ze gewannen, wär – ech zitéieren – „soit une erreur d'impression, soit une vision utopique, totalement irréaliste".

Ech géif him gären, wann en hei wär, recommandéieren, amplaz vum Guide „Gault Millau" mol eng Kéier dem Dr. Hermann Scheer säi Buch „Sonnenstrategie" ze studéieren, wou e mat wëssenschaftlecher Akribie nogewise kritt, wéi et funktionéiere kann a wéi souguer d'Ekonomie gewalteg dervu profitéiere kann.

Wéi soll déi Energierevolutioun geschéien, wann dee gréissten Deel vun der Welt grad eréischt amgaang ass, sech ze entwéckelen, an déiselwecht Ufuerderunge stellt wéi de Liewensstandard, dee mir de Moment kennen?

Mir brauche couragéiert Entscheedungen um internationale Plang!

Et kann an et däerf net sinn, Här President, an ech kommen do op de Refus vun den USA, fir am Kyoto-Protokoll matzemaachen, well Exxon dem Här Bush seng Wahlcampagne finanzéiert huet; datt d'USA maachen, wéi wann dat Ganzt si näischt géif ugoen.

A wann dach, da mussen all déi, déi Verantwortung wëllen iwwerhuelen, solidaresch Eescht maachen, mä da mussen d'Spillregele vum internationalen Handel och nei definéiert ginn.

Et däerf net toleréiert ginn, datt an dësem Fall d'USA de Luusspätter spillen!

Ech wëll op dëser Plaz mäin totaalt Onverständnis ausdrécken, wat de Rüstungsbudget vun den USA ubelaangt, a just virum Hannergrond vun der Décisioun, fir sech aus dem Kyoto-Protokoll ze verabschieden.

De Rüstungsbudget vun 2001 vun den USA bedréit 354 Milliarden Euro, wäit méi wéi de Rescht vun der Welt zesummen. 354 Milliarden Euro, dat sinn 14.280 Milliarde Frang, well mer nach méi d'Gewunnecht hunn a Frangen ze rechnen.

Ech wollt eng kleng Rechnung maachen, wa mer dat an Autoe géingen ëmsetzen, well ee sech jo keng Virstellung dovu ka maachen, wou een Auto géing eng Millioun Frang d'Stéck kaschten, da kéime mer op 14.280.000 Autoen.

Dat ass och erëm eng Masse, déi ee sech net gutt ka virstellen. Dunn hunn ech mer geduecht, wann déi Autoe fënnef Meter laang sinn an et géing ee se alleguer uneneereien, da kënnt een op 71.400 Kilometer Autoen een hannert deem aneren, dat ass bal zwee mol, wéi mer wëssen, d'Streck ronderëm d'Welt.

14.280 Milliarde Frang fir Rüstung, Här President, dat huet eng Dimensioun, déi een net méi begräife kann. Déi erfëllt ee mat Roserei, wann ee weess, datt nëmmen e Brochdeel dovu géif duergoen, fir an der internationaler Energiepolitik relativ séier d'Kéier ze huelen. Ech hunn elo grad gesot, wéi noutwendeg datt et ass.

Den Dokter Scheer seet a sengem Buch: Souguer, wann d'USA géife 50% vun hire Rüstungsausgaben a Sonnentechnologie investéieren, wär keng Gefährdung vun hirem Territoire ginn. Mä zënter datt esou gutt wéi sécher ass, datt de President Kennedy 1963 vum CIA ëmbruecht ginn ass, well e mam Chruschtschow eens war, fir d'Rüstung drastesch zréckzeféieren an déi enorm Zomme fir méi sënnvoll an human Zwecker anzesetzen, brauch ee sech eigentlech iwwert näischt méi ze wonneren. D'Schëss vun Dallas wierke bis haut op eng dramatesch Aart a Weis no!

Souwäit, Här President, mäin Exkurs an den internationale Volet vun där Problematik, mat där mer, esou kleng wéi mer sinn, konfrontéiert sinn.

Ech kommen zréck op Lëtzebuerg. Den ADR huet de 27. Januar en extrae Kongress gehalen iwwer Nohaltegkeet, dee stung ënnert dem Motto: Liewensqualitéit jo, awer net op Käschte vun de kommende Generatiounen. Dat

ass de Leitfuedem – wann een esou däerf soen –, dee sech duerch dat ganzt Dokument zitt a wat och de Leitfuedem vun eiser Attitude an där Problematik ass.

Ech wéilt mech op déi puer wichtegst Punkte limitéieren. Mir hunn – an ech hu jo schonn drop higewisen – der Energie eng ganz besonnesch Positioun an deem Aktiounsplang ginn. Mir wëssen, datt grouss Potenzialitéiten am Aspuere vun Energie leien. Mir schwätze scho jorelaang driwwer, et ass net fir d'éischt, wou ech vun dëser Plaz aus driwwer schwätzen, mä mer gesinn, datt mer leider do net richteg vun der Plaz kommen, souwuel wat d'Sanéierung vun den Altbauten ubelaangt, wéi wat d'Anhale vu contraignantë Norme bei Neibauten ubelaangt.

Et ass absolut noutwendeg, datt mer do vill méi streng virginn, an datt virun allem d'Architekten an d'Handwierker mat an dee ganze Prozess do abezu ginn. Et ass absolut noutwendeg, datt an deene Cogeneratiounen, besonnesch an där grousser Zentral do ënnen zu Esch, déi Restwäermt, déi ufält, optimal genotzt gëtt. Et ass keng Alternativ, fir ze soen: Mir hu jo de Gas. De Gas ass och erëm e Produzent vun Ëmweltnuisancen, duerfir ass et noutwendeg, datt Fernwärmenetzer opgebaut ginn, an datt déi Ofwäermt, déi jo disponibel ass, esou wäit wéi et nëmmen iergendwéi méiglech ass, genotzt gëtt.

Mir sinn der Meenung, datt d'organesch Offäll hei am Land, déi leider nach zu engem groussen Deel nëmmen opgekippt ginn, datt déi scho längstens hätte missen an de Recyclage erakommen, an zwar iwwer Biogasanlagen engergetisch verwäert ginn. Ech soen näischt Neies hei, ech hunn et scho wéinstens fënnef Mol vun dëser Plaz aus gesot: D'Landwirtschaft muss déi Flächen, déi stëllgeluegt sinn, déi am Fong geholl fir näischt genotzt ginn, fir erneierbar Energie notzen. Dat ass e Gaspillage vun Energiepotenzial sonnergläichen. D'Landwirtschaft muss voll an den Energiekonzept agebonne ginn, wou Energieplanzen duerfir genotzt ginn, fir Energie ze produzéieren. Datselwecht gëllt fir eis Bëscher, déi de Moment nëmmen zu engem ganz klenge Brochdeel genotzt ginn.

Do dernieft si mer der Meenung, datt d'erneibar Energië vill méi staark mussen développéiert ginn, wéi dat bis elo de Fall war. Obscho mir hei net vun der Sonn verwinnt sinn, hu mer do en enormt Potenzial, dat muss entwéckelt ginn. D'Technologië ginn ëmmer besser. De Wierkungsgrad vu Solarzelle gëtt besser. D'Méiglechkeet, fir iwwer thermesch Solaranlage fossil Energie anzespueren, ass ganz grouss a gëtt am Moment bäi wäitem net genuch genotzt. Mir mussen zu enger Strategie fannen, déi wierklech all Potenzialer ausnotzt, déi et an där Bezéiung gëtt.

Den zweete Punkt ass de Landverbrauch. Déi SERI-Etüd, déi am leschte Moment e bësse mysteriéis opgedaucht ass, seet, dass den Undeel vun eisem nationalen Territoire u Siedlungs- und Verkehrsflächen vu 7 op 10% eropgaange wär vun 1990 bis 1997. Dat ass eng Augmentatioun an Zäit vu siwe Joer vu 35%. Et gëtt eng Extrapolatioun gemaach, datt mer bis 2050, wa mer esou géinge virufueren, 80% vun eisem Territoire verbaut hätten. Et ass vläicht aus deem Gefill eraus, wou déi Problematik vun der Verbauung vun eisem Territoire dobausse bei de Leit eng ganz grouss Sensibilitéit fënnt. Et gëtt gesot, et wär eng relativ kleng Relatioun tëschent Bevölkerungswuesstum a Landverbrauch, et wär eigentlech vill méi eng grouss Relatioun tëschent Wirtschaftswuesstum a Landverbrauch.

Ech stelle fest, dass eng Organisatioun op d'mannst, déi mer an den Hearingen haten, d'Natur- a Vulleschutzliga, anerer Meenung ass, an dass si fäerten, datt mat engem staarke Bevölkerungswuesstum e groussen Deel vun eise bis elo nach intakte Fläche géinge verluer goe fir d'Urbanisatioun.

Här President, ech wëll soen, dass mir als Grupp géint en ze séiere Bevölkerungswuesstum sinn aus evidente Grënn. Ech erënneren nach eng Kéier drun, datt de Statsminister Juncker hei virun zwee Joer gesot huet, datt dee stramme Wuesstum - ech denken, datt en do un de Wirtschaftswuesstum geduecht huet, deen awer automatesch e Bevölkerungswuesstum no sech zitt - just esou vill Steiere géing generéieren, datt et géing duergoen, fir d'Folgekäschten ze finanzéieren.

Dat ass jiddefalls net esou, wéi mir eis Nohaltegkeet virstellen, wann dat dann esou ass, an den Här Statsminister huet sécher Recht, wann en dat seet, da kann et net sinn, datt mer an deem Tempo virufuere wéi an deene leschte Joren. De Rapport selwer seet op der Säit 96, et soll een: „éviter une surchauffe socio-économique".

Wann hei am Rapport schonn do virdru gewarnt gëtt, ech mengen, dann ass dat e Faktum, deen ee muss zur Kenntnis huelen. Da musse mer eis iwwerleeën, wéi mer dat maachen. Den Här Weiler ass jo de Spezialist, fir all Kéiers ze froen: Wéi mer dat da wéilte maachen? Mä ech mengen, wann d'Kommissioun, déi d'Majoritéit duerstellt, virun esou enger Surchauffe warnt, da wäert se sech jo scho Gedanken driwwer gemaach hunn, wéi een esou enger Surchauffe kënnt aus de Féiss goen.

Et gëtt geschwat vu méi kompaktem Bauen. Dat kënne mir mat droen. Et däerf awer net, dat soe mer awer grad esou däitlech, op Käschte vun der Liewensqualitéit vun de Leit goen an der Aart a Weis, wéi se wunnen a wéi se kënnen doheem sinn.

De Problem, dee jo ganz aktuell elo ass, dat ass dee vum Bau vun neie Stroossen, wou et jo bal zu engem klengen Eclat komm war, a vun enger neier Tankstell. Do wäerte mer haut nach e bësse méi driwwer schwätzen an eventuell driwwer ofstëmmen. Mir kënnen dat mat droen. Ech soen dat ganz däitlech hei, datt ee fir d'éischt d'Resultat vun deem IVL-Projet do ofwaart, ier ee

wierklech an d'Planung vun neie Stroosse geet, well mer der Meenung sinn, datt e Gesamtkonzept muss kommen, datt een net Problemer doduerch ka léisen, datt een ëmmer nëmmen nei Stroosse baut a Stroosse méi breet mécht. Mir soen awer grad esou däitlech, datt domat net definitiv Schluss mam Stroossebau däerf sinn.

Den drëtte Punkt ass d'Offallpolitik, déi eiser Meenung no ganz staark mat an d'nohalteg Entwécklung an eng nohalteg Politik eraspillt. Prioritéit muss de Recyclage hunn. Ech hunn elo grad iwwert d'organesch Offäll geschwat, déi misste mer systematesch, esou wäit, wéi et iergendwéi méiglech ass, an do ass nach ganz villes ze maachen – leider, wéi gesot, si mer hoffnungslos do hannendran – iwwert de Biogas energetesch verwäerten a se erëm an den Naturkreeslaf zréckbréngen.

Datselwecht betrëfft d'Wäertstoffverwäertung. Mir kënnen net wéi a vergaangene Jorzéngten e groussen Deel vun deem, wat mer produzéieren, einfach ewechgeheien. Mir hu jo a leschter Zäit Diskussioune gehat wéinst engem Tipp do uewen am Norden. Ech wunnen am Osten, wou och e groussen Tipp ass, wou onheemlech Quantitéiten opgetippt ginn. Et freet ee sech einfach, ob dat noutwendeg ass, an ob net vill méi e groussen Deel, och wann et Geld kascht, misst kënne recycléiert ginn an erëm eng Kéier an de Wirtschaftskreeslaf zréckgefouert ginn.

Beim Bauschutt gëtt jo méi en héijen Taux vu Recyclage ugestrieft. Mir kënnen dat mat droen, esou wäit wéi et nëmme machbar ass, honnertprozenteg. Mir sinn awer dergéint, wéi et elo leeft, datt op ganz wéineg Zentraldeponie muss gefuer ginn – dat huet mat Nohaltegkeet och näischt méi ze doen –, wou onheemlech vill Energie verpolvert gëtt an d'Natur verpescht gëtt, fir dann dat, wat leschtenenns muss deponéiert ginn, an d'Entrepreneure soen, datt virun allem de Lehm sech net gutt iergendwou verwäerte léisst, fir dee musse mer dezentral Deponie schafen, datt een um kierzte Wee kann do deponéieren, wou et noutwendeg ass. Et kann een an der Ëmwelt- oder an der Nohaltegkeetspolitik och d'Kand mat dem Buedwaasser ausschëdden.

Wat d'Kläranlagen ugeet – dat ass haut schonn dacks genuch ugesprach ginn – do kann ech nëmmen ënnerstëtzen, datt mer nach méi grouss Efforte musse maachen, datt mer virun allem bei der Planung vun neie Kläranlage mussen déi zukünfteg Entwécklung am A behalen oder mer mussen ëmgekéiert op de Wee goen, datt keen neit Lotissement – wéi den Alex Bodry de Moien hei gesot huet – däerf genehmegt ginn, wann net séchergestallt ass, datt d'Klärung vun den Ofwaasser garantéiert ass.

De Problem ass de Klärschlamm, deen eigentlech, well e jo aus organescher Substanz kënnt, erëm an den natierleche Kreeslaf géing zréckgehéieren, wougéint awer de Landwirtschaftsministère sech wiert, wahrscheinlech net ganz zu Onrecht. Et ass eng ganz schwiereg Matière. Vum Prinzip hier gehéiert en zréck an d'Natur am Sënn vun enger Kreeslafwirtschaft. Op där anerer Säit däerf et keng Risike fir eis gutt a fruchtbar Biedem ginn. Dee Problem muss een à tête reposée léisen.

E véiert Kapitel ass d'Agrarpolitik. D'Landwirtschaft spillt eng grouss Roll am Kontext vun der Nohaltegkeet. Just d'international Agrarpolitik ass e Schoulbeispill dofir, wéi Nohaltegkeet net däerf praktizéiert ginn. Si ass eigentlech d'Beispill fir de Contraire vun Nohaltegkeet. Hei gëtt um européesche Kontinent eng massiv Iwwerproduktioun u Veredelungsprodukte gemaach mat Hëllef vu planzleche Fuddermëttelen, déi vun anere Kontinenter kommen. Dat ass mat enger nohalteger Kreeslafwirtschaft, wéi ee se an der Natur versteet a wéi se normalerweis an der Natur funktionéiert, net vereinbar.

Mir sinn net derfir – dovunner ass de Moie jo scho geschwat ginn –, datt Länner, déi aus ekonomesche Grënn op Exporter vun Agrarprodukter ugewise sinn, hir Mäert sollen zougemaach kréien. Mä dee Problem, dee mer an Europa kennen, trëfft déi Problematik nëmme ganz wéineg.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mir wëssen, datt e ganz groussen Deel vun eiser Iwwerproduktioun duerch de Soja kënnt, deen importéiert gëtt. Dat huet mat deene klenge Baueren an den AKP-Länner asw. häerzlech wéineg ze doen. Et ass déi grouss Agrarindustrie, déi sech dobäi beräichert, an et ass kengem dobäi gehollef, och net den européesche Baueren.

Mir sinn duerfir fir eng Reform vun der internationaler Agrarpolitik an deem Sënn, an et kann net sinn, datt déi Agrarlobby, déi besonnesch an den USA en immens staarke Réckhalt huet, sech ëmmer erëm op en Neits duerchsetzt. D'Landwirtschaft huet als prioritäert Zil gesond Nahrungsmëttel ze produzéieren an dernieft Energie ze produzéieren - ech hunn et scho gesot. Mir si fir de Prinzip vun ausgeglachenen Energie- a Stoffbilanzen, an datt ee soll de Subventionnementssystem längerfristeg dorop ausriichten, datt d'Betriber Virgabe kréien, déi se mussen erfëllen, an datt se da musse gehollef kréien, well soss lafe mer Gefor, datt geschwënn keng Bauere méi do sinn.

D'Buedemschutzgesetz, dovunner geet Rieds am Dokument, ass noutwendeg. Mir ënnerstëtzen dat. Mir ënnerschreiwen dat mat zwou Hänn. Et gesäit een, datt enorm vill gudden a wäertvollen Akerbuedem esou verluer geet. Wichteg ass, wa mer vun Agrarwirtschaft, vu Landwirtschaft schwätzen, datt mer iwwerhaapt d'mënschlecht Potenzial nach behalen.

Här President, ech hunn hei beim Etat de la nation gesot: „Wann een d'Evolutioun vun deene leschten zéng Joer hëlt, an et rechent een dat esou weider, da gëtt a 27 Joer dee leschte Bauerenhaff hei zu Lëtzebuerg zouge-

maach." Et ass absolut noutwendeg, datt där Realitéit endlech Rechnung gedroe gëtt.

Den Transportsecteur ass e gewaltege Problem. Et ass jo deen, deen eigentlech am Kontext vun Nohaltegkeet am meeschten diskutéiert gëtt. Mir erkennen dat un. Mir sinn der Meenung, datt ee muss gläichzäiteg op e puer Achse virgoen, datt muss bei de Gefierer eng zweet technologesch Revolutioun kommen. D'Gefierer brauchen nach vill ze vill Energie fir dat, wat se däerfte brauchen, wa mat ganz intelligenter Technologie géing virgaange ginn. D'öffentlecht Transportkonzept, wat virläit, muss ëmgesat ginn. Mir si fir de gratis öffentlechen Transport, fir méiglechst vill Leit dozou ze bréngen, fir dovun ze profitéieren.

Et ass awer och noutwendeg, dass mer eis ganz Liewens- an Aarbechtswelt änneren, datt einfach Déplacementer an Zukunft, esou wäit wéi et nëmmen iergendwéi méiglech ass, verhënnert ginn, doduerch datt mer Wunneng, Beruff a Schoul méi no beienee bréngen an net alles probéieren an der Haaptstad ze zentraliséieren an d'Leit ze obligéieren dauernd hin an hier ze pendelen. Eng geziilt Dezentralisatiounspolitik ass dofir absolut noutwendeg.

Bevölkerung an Immigratioun – ech muss viru maachen, well meng Zäit geet zu Enn. Et ass ganz schwéier virauszesoen, an dat hu mer de Moie gesinn an engem Réckbléck, fir ze soe wéi eis Bevölkerung sech entwéckele wäert. Mir sinn awer der Meenung, datt mer musse Meeschter bleiwen hei, a bis elo hat een net ëmmer déi Impressioun.

Ech war frou ze liesen, Här President, am Rapport: „Ce n'est pas la table ronde „pensions" qui a condamné le Luxembourg à héberger 700.000 habitants. C'est un raisonnement erroné et simpliste." Mir huelen dat ganz gär zur Kenntnis, u wien et dann och ëmmer adresséiert war.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Tiens, wie soll dat gewiescht sinn?

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- En ass leider net heibannen.

(Hilarité)

All demographesch Parameteren, Här President, an den industrialiséierte Länner, ech hunn et schonn eng Kéier vun hei aus gesot, weise ronderëm no ënnen an ech froe mech, ob et realistesch ass, fir ze menge mir kéinten dee ganze Besoin u Leit, wa mer dann esou sollte weider wuessen, an déi Länner do siche goen, wou si dach déijeeneg sinn, déi se am Néidegste brauchen.

E Wuert nach zur Gesondheet. Nohaltegkeet an der Gesondheetspolitik ass virun allem Préventioun. Vill Zivilisatiounskränkte kenne mer haut, déi vill Misère maachen, déi eis vill kaschten, déi d'Ekonomie enorm vill kaschten, déi guer net bräichten ze sinn. Dat ass zréckzeféieren op eis Liewensweis op d'Consommation excessive vun Tubak, Alkohol an Drogen, op Stress op der Aarbechtsplaz an anerwäerts, op Strahlen, Chemikalien asw.. Et ass absolut noutwendeg, datt deem an der Gesondheetspolitik Rechnung gedroe gëtt, datt eng Cellule am Gesondheetsministère geschafe gëtt fir Médecine préventive, fir datt mer do am Sënn vun der Nohaltegkeet virbeugend handelen.

D'Instrumenter, Här President, déi ee kann a Stellung bréngen, fir dat alles ëmzesetzen, ass éischtens de Veruerdnungswee: Virschrëften, dat ass deen einfachste Wee. Zweetens Steieren a Subventiounen, et gi ganz vill Wëssenschaftler, déi d'Meenung vertrieden, datt dat dat ideaalt Lenkungsinstrument wär. Mir vertrieden d'Meenung, datt ee bei de Steieren, den Ëmwelttaxë ganz virsiichteg muss sinn, well se sozial ongerecht kënne sinn a wa se dat sinn, datt, wann ee schonn esou virgeet, datt ee muss douce virgoen, an datt een déi sozial Komponent muss berücksichtigen, soss kënne mir ënner kengen Ëmstänn domat d'accord sinn. Den drëtte Punkt sinn d'öffentlech Investitiounen, déi mussen am Sënn vun der Nohaltegkeet ausgeriicht ginn, Stéchwuert: Stroossebau.

E Wuert zu den Indicateuren. Si si wichteg, onheemlech wichteg, fir datt een d'Situatioun an den Développement ënner Kontroll behält, datt een iwwerpréife kann, wéi déi Mesuren, déi een ergraff huet, gegraff hunn, wéi se sech ausgewierkt hunn. Ech muss awer soen, datt mech déi grouss Zuel vun Indicateure stéiert, an datt eng ganz Partie dobäi sinn, bei deenen ech Schwieregkeeten hunn, fir kënnen nozevollzéien, wat se dann elo direkt mat dem Développement durable ze di sollen hunn.

Ee Wuert zur Effizienzsteigerung: Dat ass vläicht e Reizwuert an deem ganzen Débat, mä et féiert kee Wee derlaanscht, datt mer op allen Niveauen d'Effizienz musse steigeren, dat heescht, esou huet de Club of Rome et emol eng Kéier formuléiert, d'Halschent vum Verbrauch, fir d'Verdueblung vum Wuelstand. Ech weess net, ob et mat deem Faktor 4, wéi en emol eng Kéier genannt ginn ass, haut nach duergeet, wahrscheinlech leien d'Potentialitéiten haut anescht.

(Interruption)

Ech kréien hei gesot, se leie bei zéng. Dat ass natierlech ganz ambitiéis, mä ech mengen, et muss ee sech d'Lat ëmmer héich genuch leeën, net fir ënnendrënner erduerchzekommen, mä fir en Effort ze maachen, fir wierklech driwwer ze kommen. Hei gëllt et virun allem den Hiewel unzesetzen, wa mer wëllen déi kruzial Problematik vum Développement durable an de Grëff kréien.

Här President, wéi geet et weider? An dësem Dossier muss d'Regierung hir Verantwortung iwwerhuelen. Et ass ugedeit gi vum Här Statsminister, datt ënner senge Fittichen de Conseil supérieur du développement durable soll entstoen, wou de Conseil supérieur de l'aména-

gement du territoire soll mat agebonne ginn. Dat ass natierlech eng speziell Problematik. D'Fro, déi sech stellt: Ass et gutt, wann dat ënnert der Verantwortung vum Regierungschef leeft? Do kënnt ee soen: Logesch, well et eng ganz Partie Regierungsdepartementer betrëfft. Op där anerer Säit muss ee feststellen, datt de Statsminister net nëmme Statsminister ass, mä Ausseminister, Finanzminister an dann elo och nach Minister vum Développement durable.

Ech muss soen: Mir hunn d'Gefill, datt do d'Gefahr besteet, datt dann net ganz vill geschitt, duerfir hu mir d'Preferenz, fir datt dat Ganzt soll ënnert de Fittiche vum Ëmweltminister lafen, deen hei an alleréischter Linn de Responsablen am Ëmgank mat der Ëmwelt ass.

Da war nach déi Fro, déi jo hefteg diskutéiert ginn ass, vum Zukunftsdësch. Mir sinn all Diskussioun géigeniwwer op. Mir sinn der Meenung, datt een all d'Organisatiounen, Acteuren an der Gesellschaft, souguer Individuen – haut iwwert den Internet ass dat kee Problem – soll an déi Diskussioun mat abezéien, mä d'Politiker si gewielt, fir Décisiounen ze huelen, an d'Parlament ass do, fir dat lescht Wuert ze hunn, fir ze décidéieren, wat geschitt. Den ADR, Här President, wiert sech géint eng Opweechung a Vermëschung vun den Instanzen a Kompetenzen.

Nach e lescht Wuert: Wann déi ganz Aktioun soll e Sënn hunn, da muss all Effort gemaach gi bei der Informatioun a bei der Sensibiliséierung vun der Populatioun. D'Populatioun ass haut an eisem Wirtschaftssystem, deen nun eemol ass wéi en ass, ech géing bal soen, engem permanenten Terror ausgesat vu Werbung, vu Reklammen, et ass e regelrechte Konsumterror, deen ausgeübt gëtt an deen net glécklech ass.

Et ass d'Aufgab vum Stat, et ass d'Aufgab vum Pouvoir public, fir e Géigegewiicht ze schafen a fir d'Leit net nëmmen ze informéieren, mä fir se grad esou ze motivéieren, fir sech responsabel ze behuelen, fir Zesummenhäng ze gesinn a fir sech an enger Aart a Weis ze behuelen, datt hir Kanner nach déiselwecht Liewensqualitéit kënnen hunn, wéi mir se haut hunn. Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. D'Wuert huet den Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een d'Welt kéint mat grousse Schlagwierder a schéine Riede veränneren, da bräichte mer déi Debatt vun haut net ze féieren, well da géing d'Welt an och Lëtzebuerg längst nohalteg fonctionnéieren.

Nach kaum ass e Begrëff esou inflationär gebraucht gi wéi de Begrëff nohalteg Entwécklung, nach ni sinn esou vill schéi Riede wéi zu dësem Thema gehale ginn. Leider huet dat net alles genotzt. D'Expäre si sech eens, dass d'global Situatioun sech verschlechtert huet a méi Handlungsbedarf wéi jee besteet. An am Virfeld vu Johannesbuerg vergeet bal keen Dag, wou net erëm vun iergendenger wëssenschaftlecher Stell nei Horrormeldungen opdauchen. Den Ënnerscheed tëschent aarm a räich, souwuel tëschent de Länner, wéi awer och an de Länner selwer, gëtt ëmmer méi grouss an d'Ëmweltproblemer wéi Klima a Waasserknappheet si méi akut wéi jee.

Et kënnt een elo e laangen Exposé halen driwwer, wat d'Ursaache vun dëser Verschlechterung sinn. Sécherlech huet déi forcéiert Liberaliséierung vun den Echanges commerciaux, och d'Globaliséierung, esou wéi se amgaang ass sech weltwäit ze etabléieren, net dozou bäigedroen, datt d'Politik d'Iwwerhand behält, an et weist sech ëmmer méi, dass, wa mer alles dem fräie Maart iwwerloossen, dann ass et ganz logesch, dass d'Ëmwelt ze kuerz kënnt an d'Gerechtegkeet, well déi ginn net an de Präis vun de Wuere mat agerechent, weder déi sozial Critèren nach déi Ëmweltcritèren. Duerfir ass et eigentlech guer net erstaunlech, dass mer no dësem Jorzéngt vu forcéiertem Neoliberalismus eigentlech méi schlecht am Beräich Nohaltegkeet do sti wéi nach op der Konferenz vun 1992.

Zu Lëtzebuerg gesäit et leider, Här President, net vill besser aus. Ech wëll hei guer net leegnen, dass an deem Jorzéngt eng ganz Rei sënnvoll a wäertvoll Initiativen am Ëmweltberäich geholl gi sinn. Et kann een awer och hei – an ech wäert eng Rei Zuele bréngen – beleeën, dass global, besonnesch wat déi méi fundamental Ëmweltproblemer ubelaangt, sech eigentlech d'Situatioun éischter verschlechtert huet a wa wesentlech Verbesserunge komm sinn, dann ass dat ganz oft op Drock vun Europa komm. Dat huet souguer de jëtzegen Ëmweltminister dës Woch an engem Revue-Interview zouginn.

Ech ginn e puer Beispiller. D'CO_2-Emissioune vum Verkéier si vun 1990 bis 1998 ëm 50% geklommen. Wat ganz grave ass a wat eigentlech, mengen ech, sou awer kee gegleeft hätt, dat ass, dass de Verkéiersvolume souguer méi schnell gewuess ass wéi d'Wirtschaft. Et kann een zu Lëtzebuerg also iwwerhaapt nach net vun enger Entkoppelung vum Wirtschaftswuesstum a Verkéier schwätzen, genau de Géigendeel ass de Fall.

De Flächeverbrauch, also d'Verbauung vum Land mat Siedlungen a Stroossen, ass tëschent 1990 an 1999 ëm 4,4% pro Joer geklomm. Dat si pro Dag véier Fussballsfelder, déi zoubetonéiert ginn. Wat och ganz grave ass, dat ass, dass dee Flächeverbrauch net linear mat dem Populatiounswuesstum oder mat dem Wirtschaftswuesstum wiisst, mä souguer nach iwwerproportionell. De Flächeverbrauch wiisst méi schnell wéi Wirtschaft a Bevölkerung. Ech mengen, dat muss eis wierklech ze denke ginn, mä wann een awer dann emol dobausse kuckt, wéi flächenintensiv mir eis Aarbechtsplaze scha-

fen, wann ee kuckt, wéi irrationell eigentlech esou Zones d'activité wéi am Südweste vun der Stad geplangt ginn, da wonnert ee sech awer net esou schrecklech, wann een déi Chifferen hei gesäit.

Zu den nationale CO_2-Aspuerungen, déi Lëtzebuerg zënter 1990 realiséiert huet, huet d'Politik net schrecklech vill bäigedroen. Si sinn eis praktesch duerch d'Ëmstrukturéierung vun der Stolindustrie an de Schouss gefall. Dës Aspuerunge si geschwënn hifälleg, well d'Emissiounen zënter 1998 nees amgaange sinn ze klammen.

Da sinn an eisen An awer während deem Jorzéngt eng Rei Décisioune geholl ginn, déi wierklech alles anescht wéi nohalteg sinn an déi vun der Symbolik hier, onofhängeg vun hirem realen Impakt dobaussen op d'Ëmwelt, wierklech net dozou bäigedroen hunn, fir d'Lëtzebuerger vun enger nohalteger Entwécklung ze iwwerzeegen.

Ech huelen als Beispill hei de Gréngewald. Wann een déi Fotoe gesäit, déi elo regelméisseg optauche vun deem éischte Stéck, wat gemaach gëtt. Da gëtt engem bewosst, dass déi Décisioun ganz einfach net nohalteg ka sinn. Eis Generatioun, fir hir kuerzfristeg Mobilitéitsproblemer ze léisen, erlaabt sech de Luxus fir e Biotop futti ze maachen a souguer, wann eng Kéier eng aner Mobilitéit machbar wier, vum techneschen, vun de Gewunnechten hier, da bräicht dee Biotop erëm 150 bis 200 Joer, souguer wa mer d'Strooss erëm géingen zoutippen, ier en erëm déiselwecht Qualitéit fir d'Ëmwelt hätt.

Ech fannen, dat ass wierklech dat typescht Beispill vun engem net nohaltege Verhalen. Do ass eng Generatioun, déi iwwer zéng Generatiounen ewech Hypotéiken opstellt. Dat ass wierklech keng gutt Décisioun gewiescht. Wann dann och nach d'Verwaltung, déi dës Strooss geplangt huet, selwer muss zouginn, dass d'Strooss eigentlech fir d'Léisung vu Verkéiersproblemer näischt bréngt, da muss ee sech wierklech Froe stellen.

Eng zweet Décisioun, déi der ganzer Entwécklung vill geschued huet, dat ass d'Décisioun, fir de BTB net ze bauen. Wann ee bedenkt, wa mer virugemaach hätte mat deem Projet, da kéinte mer haut scho mam Tram fueren. Et kéint ee sech virstellen, wéi d'Stad Lëtzebuerg ähnlech wéi Stroossbuerg an Tëschenzäit un urbanistescher Qualitéit gewonnen hätt, wéi et eng Freed wier d'nei Avenue mat esou Gefierer ze fueren. Leider hu mer op d'mannst eng hallef Dose Jore verluer, wann net méi. Och dat war e bësse symptomatesch.

Ech mengen, dat si symbolesch Décisiounen, déi onofhängeg vum Impakt net dozou bäigedroen hunn, dass d'Lëtzebuerger sech geduecht hunn: Hei, lues a lues gëtt et Zäit, fir an eng aner Richtung iwwerzegoen.

Firwat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass eiser Meenung no zu Lëtzebuerg esou wéineg an deem Jorzéngt Fundamentales geschitt? Abbee, virun allem si mer der Meenung, dass dat ass, well et kee gesellschaftleche Konsens gëtt, dass eppes geschéie muss, dass akuten Handlungsbedarf besteet. Zumindest dat, Här President, ass eng kloer Konklusioun, déi een aus den Hearinge muss zéien.

Dës Net-Existenz vu Konsens fënnt een an der Regierung erëm. Lëtzebuerg huet viru kuerzem de Kyoto-Traité ratifizéiert an den Ëmweltminister – an dat freet eis – betount bei all Geleeënheet, dës Regierung géing zu den Engagementer vun der viregter Regierung stoen. Gläichzäiteg schwätzt de Wirtschaftsminister awer vun Horrorszenarien à la Pol Pot a gesäit Lëtzebuerg schonn an d'Steenzäit zréckgesat, wann et sengem Engagement sollt nokommen.

Wat sollen d'Leit dann dobausse vun esou ënnerschiddlechen Aussoe vun zwee Regierungsmemberen halen? Wat solle se domat ufänken? Wat solle se doraus vu Konklusioune fir hir Konsumgewunnechten, fir hire Liewensstil zéien? Déiselwecht Inkonsequenz kann een an den Aussoe vun de Ministèren am Hearing héieren. Och do si ganz ënnerschiddlech Saache gesot ginn.

Ech erlabe mer hei deen een oder deen aneren ze zitéieren, well et seet aus, wat nach vun Iwwerzeegung a gewëssene Ministèren ass.

Ech fänke mam Bauteministère un: „Même le plus performant programme de mise en valeur des routes existantes ne saura compenser entièrement la nécessité de devoir construire de nouvelles routes, qui, rappelons-le, ne servent pas seulement au transport individuel, mais également à la partie des transports en commun opérée par des autobus."

Ech muss lech ganz éierlech soen, Här President, wann een esou Saache liest, da mengt een, et géing een net richteg héieren a gesinn. Op eemol sinn nach d'Busse Schold, dass mer mussen eng Tangente Ouest an eng drëtt Spur op der Autobunn bauen. Ech hunn nach relativ wéineg RGTR-, TICE- a CFL-Bussen op der Areler Autobunn gesinn. Ech froe mech, wéi 2001 nach Leit kënnen esou Saachen an d'Welt setzen.

De Wirtschaftsministère kéint een e puermol zitéieren. Ech ka mer dat spueren, den Här Mehlen huet et scho gemaach. Wann de Wirtschaftsminister mengt, d'Zil vun 10% Energie op Basis vu renouvelablen Energien, dat wär en Dréckfeler oder Spënnereien, da muss ee sech froen, wat dës Regierung dann elo wierklech vu konkreten Ziler an deem Beräich huet. Mä och de Landwirtschaftsministère, mengen ech, hat vergiess, de Plan national de développement durable nach eng Kéier ze liesen, ier e seng Konklusiounen der Ëmweltkommissioun ginn huet. A senge Konklusioune schwätzt en emol net vun der biologescher Landwirtschaft a mengt, d'integréiert Landwirtschaft wier den Nec plus Ultra fir déi zukünfteg Entwécklung vun eiser Landwirtschaft,

dobäi steet klipp a klor am Plan national de développement durable, dass mer gäre 5% Biolandwirtschaft hätten. Ech hat och net dat Gefill, an ech hunn dat op därselwechter Tribün deemools gesot, wéi mir dat neit Agrargesetz hei gestëmmt hunn, dass d'Zil vun deene 5% Biolandwirtschaft uewe stong, wéi dat Gesetz ausgeschafft ginn ass.

Dem Premierminister fält alle Jahre wieder, Enn Abrëll, ufanks Mee, d'Wuert Entwécklung an an da baut en et eng Rei vu Kéieren, dat eent Joer méi, dat anert Joer manner, a seng Ried zur Lag vun der Natioun an. Wann et awer drëm geet, eng, zwou Steierreforme mat ganz grousse Chiffre vun iwwer 20 Milliarden ale Lëtzebuerger Frangen ze plangen an duerchzezéien, dann huet en dat Wuert Nohaltegkeet awer ganz séier vergiess.

Mir sinn der Meenung als Gréng, dass do eng eemoleg Chance verpasst ginn ass am Kontext vun deenen zwou Steierreformen, wou mer esou eng Masse critique hate vu Geld, déi do iwwert d'Land verdeelt ginn ass. Et ass scho bal skandaléis, fanne mir, mat deem Handlungsbedarf, dee besteet, dass do net fir een Euro ekologesch Akzenter dra gesat gi sinn. Anscheinend soll nach eppes nokommen an dëser Legislaturperiod. Mir si ganz skeptesch, muss ech éierlech soen.

E weidert Beispill, wéi wéineg dës Regierung sech eens ass, dass Handlungsbedarf besteet, weist d'Transportpolitik. Et ass schonn e puermol haut ernimmt ginn. Während den Innenminister en „integriertes Verkehrs- und Landesplanungskonzept" ausschaffe léisst, eng Initiativ, déi mir als Gréng absolut begréissen, verbaut d'Bauteministesch d'Land weiderhi mat Stroossen. Millioune vu Steiergelder ginn esou verbaut, fir vollendet Tatsaachen ze schafen, déi sech herno am Liicht vum IVL riskéieren als kontraproduktiv ze erweisen.

Wann ech eng Klammer ka maachen: Et misst een awer och emol d'Fro stellen, firwat mer nëmmen am Virfeld vum Stroossebau studéieren, ob dat sënnvoll ass, mä wéini kucke mer och emol, wat dann eigentlech de Bau vun neie Stroosse bruecht huet. Ech géing als Beispill vläicht de rezente Contournement vum Bridel huelen. Déi Leit, déi zënter der Fäerdegstellung d'Sëller Streck gefuer sinn, déi stelle fest, dass effektiv an zwou Sakgaassen e puer Leit e bëssen u Liewensqualitéit gewonnen hunn. Tatsächlech ass een dräi Minutte méi séier durch de Bridel, mä wat geschitt? D'Leit stinn elo mueres bis an d'Halschent vum Bambësch am Stau. Mir hunn do wäertvollen Naturraum futti gemaach, definitiv futti gemaach. Mir hu Milliounen investéiert, fir e Problem dräi Kilometer méi wäit ze verlageren.

Ech wär ganz frou, wa mer eis emol eng Kéier géingen e puer Euro huelen a kucken, wa mer entzwousch en neie Stroossebauprojet gemaach hunn, fir no zwee, dräi Joer Zielungen ze maachen an ze vergläichen, ob mer iwwerhaapt eppes mat dem Bau vun deene Stroossen erreecht hunn.

A wann een all déi Aussoe liest an de Pabeiere vun deene Ministèren, da freet ee sech, wou do eng Ausso ass, wou och nëmmen d'Undeitung vun Handlungsbedarf dra steet. Dat do ass dach alles Business as usual.

Dësen Net-Konsens besteet awer och an de Parteien, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zumindest an de Majoritéitsparteien. Mir waren eis an der Ëmweltkommissioun bal unanime eens iwwert déi zwou Motiounen, déi ech abruecht hat, wat de Beräich Tanktourismus ubelaangt. De President war chargéiert ginn eng definitiv Versioun ze maachen. Kuerz drop ass an der Bautekommissioun genau 180° de Géigendeel vun deene selwechte Majoritéitsparteie gestëmmt ginn. Firwat? Mä, well do aner Leit vun deene jeweilege Parteien dra sëtzen. Ech froe mech, wou do d'Kohärenz innerhalb vun deene Parteien ass.

Villméi cocasse war et nach, wéi mer de Rapport iwwert den Débat vun haut ofgestëmmt hunn. Den Här Schank an den Här Loes hate mat ofgestëmmt.

(Interruption)

Entschëllegt, den Här Schank da vläicht eleng.

Fënnef Minutten drop huet den Här Strotz eng ganz Rei wesentlech Aussoe vun dësem Rapport schonn erëm a Fro gestallt. Do geet d'Schizophrenie awer wierklech ganz wäit, wann een d'Hand hëft, fir e Rapport mat ofzestëmmen, a fënnef Minutten drop, wann et drëm geet, datselwecht, wat an deem Rapport steet, an eng Motioun eran ze formuléieren, dass dann déiselwecht Leit soen: Neen, domat kann ech awer net d'accord sinn. Ech froe mech wierklech, wéi een do nach eens gëtt mat sech selwer a wéi een an Zäit vun zéng Minutten zwou esou ënnerschiddlech Positioune ka vertrieden. Mir ass dat e Rätsel. Do schéngt den Net-Konsens souguer duerch verschidden individuell Perséinlechkeeten erduerch ze goen.

Leider hu mer och misse feststellen, dass vu verschiddene Beruffskummeren nach guer net d'Asiicht do ass, dass Handlungsbedarf besteet. Ech wëll och hei déi eng oder aner zitéieren.

D'Handwierkskummer seet: „Une inscription dans la Constitutioun d'un droit à un environnement sain et écologiquement équilibré risque de compromettre sérieusement le développement des activités économiques, en rendant potentiellement anticonstitutionnel tout acte humain ayant un impact défavorable envers l'environnement naturel."

Wann ech herno soen, an ech kann lech dat zitéieren, dass an der Schwäiz d'Nohaltegkeet längst an der Konstitutioun opgeholl ginn ass als Statszil, da mierkt een, dass mer hei nach wäit vun där Asiicht an deem Konsens ewech sinn.

Ganz grav mä awer och symptomatesch hunn ech et fonnt, dass souwuel d'Chambre de Travail wéi d'Privat-

beamtekummer refuséiert huet mat der Ëmweltkommissioun iwwert d'Thema Nohaltegkeet ze diskutéieren. Dat ass ganz grav op eng Manéier, mä et ass awer och symptomatesch. Et ass sécherlech och e Problem an eiser Gesellschaft, wa mer an deem Thema net weiderkommen, well zumindest an de Spëtzte vun enger ganzer Rei vu Gewerkschaften den Handlungsbedarf nach net erkannt ginn ass. Dann ass et natierlech schwéier, dat ass richteg, fir an der Praxis um Terrain eng Rei méi contraignant Mesuren duerchzesetzen, respektiv nei Weeër ze goen, wann een dann direkt déi Leit géint sech huet.

Firwat besteet dann elo kee Konsens? Bis elo ass an d'Blannt erandiskutéiert ginn, well keng objektiv Zuelen um Dësch longen. Fir dass mer endlech e sachlechen Débat iwwert d'politesch Gestaltung vum zukünftege Lëtzebuerg féiere kënnen, mussen endlech wëssenschaftlech Zuelen iwwert déi aktuell Entwécklungen a Feelentwécklungen op den Dësch kommen. Als Gréng fuerdere mer dat zënter Joren. Ech kéint lech hei eng Motioun presentéieren, déi ech selwer 1996, also viru sechs Joer, hei presentéiert hunn, wou praktesch genau dat dra steet, wouriwwer mer haut diskutéieren, ouni dass et esou genannt ginn ass, den Zukunftsdësch schonn dra steet, wou gesot ginn ass, kommt mir maachen eng Etüd iwwert de Stand vun der nohalteger Entwécklung zu Lëtzebuerg an duerno féiere mer eng grouss Diskussioun. Dat war 1996.

Ech hunn et och vun Ufank un an der Ëmweltkommissioun gesot, dass mer eigentlech d'Päerd géinge vun hannen opzeimen. Ech hunn ëmmer drop insistéiert, dass mer d'éischt emol sollte kucken eng Rei verlässlech Zuelen op den Dësch ze kréien, fir dass mer e fundéierten Débat kënnte maachen.

Mir sinn och dra bestätegt ginn, dass déi zwee Joer Diskussioun bal ëmsoss gewiescht wieren, well net genuch Donnéeën um Dësch waren, wann net nach an deene leschte véierzéng Deeg gewësse Saache geschitt wieren, wou ech nach wëll drop kommen, a wann, a leider ass en net heibannen, de President vun der Ëmweltkommissioun sech net ginn hätt a probéiert hätt der ganzer Diskussioun awer nach Substanz ze ginn. Ech wëllt him op dëser Plaz dofir villmools merci soen a fir dee gudde Rapport, deen e gemaach huet. Mir deelen net alles, wat do dran ass, mä wann déi Debatt haut nach e bësse Konsistenz kritt huet, wann déi lescht aacht, véierzéng Deeg an iwwerhaapt d'Saach an der Press an dobaussen e bëssen thematiséiert ginn ass, mengen ech, dann ass dat zu engem Deel dem Här Calmes säi Mérite an dofir wëll ech him hei am Numm vun eiser Fraktioun ganz häerzlech merci soen.

Am Juli 2001 huet mäi Fraktiounskolleeg Robert Garcia an enger weiderer Motioun, déi déi Kéier unanime ugeholl ginn ass, déiselwecht Fuerderungen opgestallt. De Premierminister huet sech et relativ einfach gemaach a praktesch eis opgefuerdert, mir sollen him en Institut nennen, dat esou Studië géif maachen. Och do bedauere mer, dass déi Aarbecht net gemaach ginn ass. Dat hätt dësem Débat ganz vill kënnen hëllefen.

Mir hunn einfach de staarke Verdacht, dass dëst Net-op-den-Dësch-Leeë vun Zuele sécher aus Angscht ass, well d'Politik vun dëser, awer och vun der viregter Regierung als net zukunftstauglech kéint entlarvt ginn. Dëse Verdacht huet sech fir eis Gréng och bestätegt, wéi mir festgestallt hunn, dass den Ëmweltministère eng Etüd, déi en am Februar méi oder wéineger schonn hat, net an dësen Débat erabruecht huet. Mir hunn e puermol insistéiert an der Kommissioun, dass all d'Zuelen, déi disponibel wieren, wa méiglech sollten op den Dësch kommen. Mir verstinn net, firwat den Ëmweltministère dës Etüd net an d'Debatt erabruecht huet. Sécherlech stinn do eng Rei Zuelen dran, déi doudsécher net d'Schold si vun dësem Ëmweltministère, scho guer net vun dëser Regierung, wat einfach eng Accumulatioun ass vun der Politik vun deene leschten 20 Joer. Hätt een déi Etüd éischter gehat, hätt dat och nach dem Débat eppes Weideres kënne brëngen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Däerf ech ëm e bësse méi Opmierksamkeet bieden.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President.

Fir déi Gréng ass et klor, wann d'Politik wëllt erreechen, dass allen Acteuren d'Dramatik vun der Situatioun soll bewosst ginn, da muss se en ekologesche PISA-Schock produzéieren, an dee produzéiert een net, andeem ee keng Zuelen, déi wichteg sinn, publizéiert.

Déi zweet Ursaach, firwat mer kee Konsens hunn, dat ass, dass et zu Lëtzebuerg ze laang gedauert huet, ier d'Diskussioun iwwert d'Nohaltegkeet ugaange sinn, an dass se och bis elo zevill hannert zouenen Diere gefouert ginn ass. Et huet bis 1999 gedauert, ier mer deen éischte Plan national um Dësch leien haten. Mat Ausnahm vun der Préparatioun vun dësem Débat huet een net d'Gefill, dass elo schrecklech méi déif gefuerscht gi wier.

Ech wëll hei e Géigebeispill nennen, an zwar dat vun der Schwäiz. An der Schwäiz ass schonn e Joer nom Sommet vu Rio, also 1993 ugefaange ginn, Konklusioune vum Sommet ëmzesetzen. Hei ass 1993 zu dësem Zweck en interministerielle Koordinatiounsgrupp gegrënnt ginn. 1997 ass eng éischt Nohaltegkeetsstrategie virgeluegt ginn, déi regelméisseg évaluéiert an déi 2002 erneiert ginn ass.

Et ass och zu enger Verwaltungsreform komm, fir méi effikass Politik am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung ze maachen. Den Développement durable, ech hunn et schonn ernimmt, ass zënter 1999 an der Schwäiz als Statszil an d'Verfassung opgeholl ginn. Et ass also net grad esou, wéi den Här Bodry d'éinescht

gemengt huet, dass deem nach net esou wär an der Schwäiz. Dat, wat hie virgeschloen huet, ass scho realiséiert a mir kéinten eis vläicht do e Beispill huelen.

Och op d'Consultatioun vun der Zivilgesellschaft an op d'Zesummenaarbecht mat de Gemengen, wat ech hei besonnesch wëll betounen, ass vill Wäert an der Schwäiz geluegt ginn, zum Beispill duerch d'Ariichtung vu regionale Foren.

An d'Schwäiz ass haut, Här President, an där glécklecher Situatioun, dass se zënter Joren unerkannten Indicateuren huet, déi et souguer erlaben an engem Zäitraum vun dräi, véier Joer op Kantonsebene festzestellen, wéi dann elo déi nohalteg Entwécklungen an deenen eenzelne Regioune sech gemaach hunn. Ech hunn esou eng Etüd hei. Et ass immens spannend dat ze liesen. Si hunn déi Zuel vun den Indicateure vill méi reduzéiert wéi mir. Si hu wëssenschaftlech Instituter drop gesat an do komme ganz konkluant Saachen derbäi eraus. Et ass immens flott, well aus de Konklusioune vun deenen Etüdë gesäit ee kantonsméisseg, wou eigentlech an deenen nächste Joren d'Prioritéite misste gesat sinn. Do si Rotschléi dran, Orientatioune fir ze soen, deen do Kanton huet relativ gutt Efforen an deene leschte Jore gemaach am Beräich Ekologie, huet awer e bësse gelappt am Beräich vum Sozialen. An engem anere Kanton ass et ëmgedréint.

Et ass genau dat, wat mer bräichten, dass mer unerkanntent Zuelematerial, unerkannten Indicateuren hätten, déi vun alle wichtegen Acteuren an der Gesellschaft géingen unerkannt ginn, fir dass dann och kéinten Orientéierungen un d'Politik goen. Dat entléisst d'Politik awer nach laang net aus hirer Verantwortung. Budgetsméisseg si mer esouguer zu Lëtzebuerg iergendwéi eng Kéier beschränkt a selbstverständlech muss all Regierung, all Schäfferot, all Buergermeeschter seng Prioritéite setzen, mä et ass awer méi einfach, wann een eng valabel Basis huet, fir weiderzefueren.

Eent ass fir eis als Gréng awer ganz sécher, déi puer Zuelen, déi schlussendlech glécklecherweis nach op den Dësch komm sinn, beweisen eis jiddefalls, dass dréngenden Handlungsbedarf besteet, virun allem am ekologesche Beräich.

E puer Zuelen aus där SERI-Etüd an ech wëll och hei soen, dass mer kee schlecht Gewëssen hunn, dass mer als Gréng dës Etüd an d'Diskussioun mat erabruecht hunn, wann ech héieren, wéi dacks se haut zitéiert ginn ass, wéi dacks dass déi Zuelen, déi do dra stinn, haut gebraucht si gi fir awer kloer ze maachen, dass mer mussen handelen. Da si mer frou, dass mer dat gemaach hunn. Et huet nëmmen zum Positive vum Débat bäigedroen.

Ech zitéieren der hei e puer: „Verkehrsbedingte CO_2-Emissionen werden sich bis 2050 verzehnfachen", „Angesichts des Anstiegs von Flächenverbrauch und verkehrsbedingten CO_2-Emissionen ist eine umfassende Umsteuerung der Luxemburger Verkehrspolitik unvermeidbar!", „Der derzeitige Trend ist keine zukunftsfähige Option".

Ech mengen, méi kloer an däitlech kann een et eigentlech net méi formuléieren, wat hei a gewësse Beräicher misst geschéien. Och déi Ausso, dass, wann d'Tendenz esou weider géif goe wéi déi lescht zéng Joer, mer bis d'Joer 2050 80% vun eisem Territoire verbaut hätten. Da gëtt gesot: „Gutt, dat do ass Theorie." Dat ass richteg, mä et ass net méi an net manner theoretesch wéi d'Projektioun vum BIT mat 700.000 Awunner bis 2050. Dat eent ass esou realistesch wéi dat anert. Ech ka just staunen, dass iwwert déi eng Zuel elo scho während zwee Joer diskutéiert gëtt, während déi aner Zuel anscheinend jo awer trotzdeem net fir esou schrecklech vill Beonrouegung an deem Land hei suergt.

Am Rapport selwer vum President sinn eng Rei interessant Zuelen, déi eis awer och mussen ze denke ginn. 52% vun de Mammendéierenaarte sinn op der rouder Lëscht, 50% vun de Vullen, 28% vun de Fësch, an esou weider an esou fort.

Et ass längst eng Platitude fir ze soen, dass mer no den USA wierklech dat Land sinn, wat am meeschten CO_2-Emissioune pro Kapp huet.

An dann eng ganz wichteg Ausso, mengen ech, déi ech eigentlech vermëssen, déi nach net an d'Käpp an an d'Blutt iwwergaangen ass, dat ass, dass et drop ukënnt, dass mer d'Ëmweltbelaaschtungen absolut verréngeren. Eng Verbesserung vun der Energie-Effikassitéit geet net duer, wa gläichzäiteg de Wuesstum dës Aspuerung nees opfrësst.

E wierklech wichtegt Zitat aus der SERI-Etüd: „Es ist letztlich irrelevant, ob Ökosysteme durch effiziente oder ineffiziente Technologien geschädigt werden."

Et gëtt och ganz flott Etüden, déi mam ökologesche Foussofdrock schaffen. Dat ass, mengen ech, e flott Instrument, fir de Leit dobausse plausibel ze maachen. Och do kënnt eraus, dass all Lëtzebuerger de Moment theoretesch 7,6 Hektar Land verbraucht, dobäi hätt en der theoretesch awer nëmmen 1,75 zegutt.

Opgrond vun all dësen Tatsaachen, Här President, ass et fir eis kloer: Et muss eriwwer si mam Gepléischters, mat de Sonndesrieden. Et muss ee wierklech Strategien entwéckelen, fir fundamental ëmzesteieren.

Mir hunn net dat Gefill, dass dës Regierung dës Strategie amgaang ass ze entwéckelen. Sporadesch taucht, wéi gesot, dat Wuert „nohalteg Entwécklung" op. Wann et awer drëm geet, dobaussen an der Praxis d'Projeten ze stëmmen oder net ze stëmmen, dann hu mer dat Gefill, dass „business as usual" weidergeet.

Mir fannen et als Gréng och onerhéiert, wa Politiker vun der Regierungsmajoritéit ëmmer nees probéieren, hir

Verantwortung op d'Biergerinnen an d'Bierger ofzeleeën nom Motto „D'Entwécklung vum Land ass net d'Saach vun de Politiker, jiddferee muss derzou bäidroen".

Dat ass an eisen Aen ze bëlleg. Et ass och bëssen dat, wat d'Ursaach war, firwat dass, trotz enger Rei positiven Aussoe vum Här Calmes, déi mer ënnerstëtzen, et eis awer net gefall huet, well a sengem Rapport awer och ze dacks tëschent den Zeilen deen do Message war: Wa jiddfer eenzelne seng Liewensgewunnechten e bëssen ännert, da kréie mer déi Saach schonn an de Grëff.

Mir sinn als Gréng der Meenung, dass et net esou funktionéiert, Här President. Dat ass ze einfach. Wa keen Tramm fiert, da kann ee keen huelen. Wa keng Velosweeër an de Stied sinn, da kann ee vu kengem verlaangen, dass e mam Velo fiert. Wann de Weekend de Fluchticket op Wien méi bëlleg ass wéi den Zuch, da kann ee vu kengem Mënsch verlaangen, dass e mam Zuch fiert. Wann Energie spueren nach ëmmer méi deier ass wéi Energie verschwenden, da brauch ee sech net ze wonneren, wa mer d'CO2-Emissiounen net an de Grëff kréien. Och wann et sécherlech luewenswäert ass, wa Leit selwer Initiativen ergräifen, ass et awer un der Politik, fir dëse Wiessel erbäizeféieren. Et ass un der Politik, déi richteg wirtschaftlech a sozial Rahmenbedingungen ze setzen, fir dass d'Leit dee richtege Choix schlussendlech huelen.

Et feelt eis also u kloren Orientéierungen. Mir bedaueren och wéi de Virriedner Bodry, dass mer et net fäerdeg bruecht hu schlussendlech als Ëmweltkommissioun dann eng ganz Rei Orientéierungen hei weider ze ginn.

Ech wollt – mä ech gesinn, dass d'Zäit mer fortleeft – e bëssen eis Haaptorientéierungen, déi mer och op engem Kongress festgehalen hunn, hei vläicht am Telegrammstil duerchhuelen. Ech mengen, déi kann awer jiddferee bei anere Pabeieren noliesen.

Ech wëll awer, well déi zwee Beräicher hei och en neie Moment bruecht hunn an der Diskussioun, an dass mer dat Gefill hunn – an ech sinn eigentlech frou iwwert eng Rei Aussoen hei de Mëtten, och vun ADRs-Säit, och vu verschiddenen DPs-Leit, bei der CSV sinn ech mer net esou sécher, wat awer d'Approche zumindest zum Stroossebau ubelaangt –, dass awer nei Momenter do sinn, dass awer zumindest d'Asiicht kënnt, dass net all Strooss automatesch, wann iergendee Beamten eng Iddi huet fir se ze bauen, direkt acquis ass, mä dass mer awer endlech emol mussen eng Approche zum Stroossebau huelen, déi net anescht ass wéi zum Bau vun Eisebunnen, wéi zum Bau vu Lycéeën, a wat weess ech. Et géing jo och kengem afalen, blannemännerchers Lycéeën an d'Land ze bauen. Normalerweis gëtt gekuckt, wéivill Schüler a Schülerinnen hu mer, an da kucke mer, wuer setze mer se a wouhinner maache mer se.

Effektiv, do mierkt ee schonn e Widdersproch. Den Här Schank huet probéiert hei, zumindest zaghaft, och Aussoen an déi Richtung ze maachen. Ech mengen, et wier vläicht wichteg, wann e sech mam Här Strotz géing ofschwätzen. Do schéngt wierklech deen Net-Konsens, vun deem ech elo éinescht geschwat hunn, weider ze bestoen.

Fir och ze gesinn, Här President, wéi eescht da lo dat Ofstëmmen iwwert dee Rapport war, wielt ech dann an deem Kontext zwou Motiounen hannerleeën zu zwee Themen, déi eis ganz staark um Häerz leien, mä wou mer och kéinten ufänken nobaussen ze weisen, ob et eis dann elo eescht gemengt ass mat der nohalteger Entwécklung.

Dat eent ass de Moratoire fir all gréissere Stroossebauprojet, bis den IVL um Dësch läit. Ech hu kee Problem dermat ze soen, wann et sech weist, dass mat öffentlechem Transport, dass mat Dezentraliséierung, et awer onëmgänglech ass, déi eng oder aner Strooss ze bauen, do si mir déi lescht, déi net dozou kënne Jo soen.

Dir hutt kee vun eis héieren, wéi deen een oder anere lokale Contournement gebaut ginn ass am Land. Dat huet näischt dermat ze dinn. Dass een neien Transitverkéier mat neie grousse Stroossen unzitt, et ass dat, wat mir net wëllen. Mir sinn net derfir, fir d'Wemperhaardt mat Sankt-Vith ze verbannen, well do si mer sécher, dass mer de ganze Camionsverkéier aus der Belsch iwwer Lëtzebuerg zéien, deen dann erëm iwwert d'Tréierer Autobunn, wann d'Nordstrooss fäerdeg ass, op Tréier fiert. Déi kommen nach just heihinner tanken. Dat si Momenter, mengen ech, dat bréngt dem Land schlussendlech näischt.

Wa mer beim Tanktourismus sinn, dann déi zweet Motioun: Och do froen ech mech, wéivill Leit nach eescht dru gleewen, dass déi Tankstell op där Saarstrooss wierklech néideg ass. Och do konnt nach keen eis weisen oder beweisen, weder aus prakteschen nach aus finanziellen Ursaachen, wann een ee vun de leschte Rapporte vun der Finanzkommissioun liest, wat dat nach soll.

Och do géinge mer proposéieren, dass een op d'mannst d'Autobunn emol baut a se fonctionnéiere léisst, a wann da par malchance et sech wierklech géing erweisen, dass dat en totale Chaos géing ginn, wat mir net gleewen, da kann ee jo nach ëmmer nodréiglech déi Tankstell do bauen.

Dofir géing ech lech, Här President, dës zwou Motiounen hannerleeën.

Motion 2

La Chambre des Députés

– *considérant que la Commission de l'Environnement estime dans son rapport concernant le débat d'orientation sur le développement durable au Luxembourg „qu'il faudrait suspendre tout nouveau projet de construction routière" et qu'il faudrait d'abord*

„attendre les résultats et les aboutissements du projet IVL et du programme mobilitéit.lu“;

– *considérant que dans le même rapport, la commission exprime sa crainte „qu'une poursuite irréfléchie d'investissements en matière d'infrastructures routières ne constitue une hypothèque pour les générations futures“ et que „des projets comme la tangente Ouest ou l'extension du réseau autoroutier à trois voies risquent de se démontrer comme investissements inefficaces et donc superflus.“;*

– *constatant, comme le fait la commission, que „par le passé, il s'est avéré que de nombreux investissements ont simplement retardé, ajourné, voire déplacé le problème qu'ils auraient dû résoudre immédiatement“;*

– *considérant que d'après l'étude du Sustainable Europe Research Institute (SERI), sur les conséquences d'une augmentation sensible de la population à l'horizon 2050 sur l'environnement, l'extrapolation des tendances des années '90 conduirait à un décuplement des émissions de CO2 par le trafic routier;*

– *considérant que l'étude SERI conclut qu'il y a urgence d'agir dans le domaine du trafic routier pour découpler la croissance du transport routier de la croissance économique;*

invite le Gouvernement

– *à suspendre tout nouveau projet de construction routière, comme notamment la tangente Ouest et l'élargissement du réseau autoroutier à trois voies, pour la durée de l'élaboration du concept global IVL.*

(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.

Motion 3

La Chambre des Députés

– *constatant que le Conseil communal de Mondorf-les-Bains en sa séance du 22 février 2001 s'est prononcé contre l'implantation d'une aire de repos avec station de service au site sur le territoire de la commune de Burmerange tel que ce site a été retenu par le Gouvernement en séance du Conseil de Gouvernement du 9 février;*

– *constatant que le Conseil communal de Burmerange en sa séance du 14 février 2001 s'est opposé formellement à l'égard de l'implantation d'une aire de service sur le territoire de la commune de Burmerange;*

– *constatant que dans une pétition à Monsieur le Président de la Chambre des Députés en juillet 2001, une grande majorité des habitants de la Commune de Burmerange déclare son désaccord avec la construction d'une aire de service et de repos;*

– *considérant que le Grand-Duché de Luxembourg vient d'approuver le protocole de Kyoto;*

– *considérant que la consommation des carburants a une influence disproportionnée sur nos émissions et que la majorité de la consommation de carburant est imputable aux non-résidents;*

– *considérant que l'aire de service et de repos projetée aura comme conséquence inévitable une augmentation de la vente de carburant aux non-résidents;*

– *considérant que dans son rapport au sujet du débat d'orientation sur le développement durable la Commission de l'Environnement se réfère aux discussions ayant eu lieu lors du conseil ECOFIN du 4 juin 2002 au cours duquel le sujet de l'harmonisation des droits d'accises était à l'ordre du jour;*

– *considérant que la Commission de l'Environnement constate que le résultat de ces discussions pourrait bien perturber durablement la situation particulière dans laquelle se trouve notre pays en matière de „tourisme pétrolier“ et qu'il pourrait se montrer assez vite que la construction d'une éventuelle station d'essence supplémentaire sur notre réseau autoroutier s'avère superflue;*

invite le Gouvernement

– *à abandonner le projet de construction d'une aire de service et de repos sur l'autoroute de la Sarre.*

(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.

Här President, et geet eiser Meenung no awer net nëmmen drëm, eng aner Politik ze maachen, et muss een och anescht Politik maachen. Och dat ass fir eis de véierte Bestanddeel eigentlech vun enger nohalteger Politik. Och dat ass des Laangen an des Breeden zu Rio diskutéiert ginn. Och dat fënnt een, an eng Rei Virriedner hunn dat och schonn hei gesot, an den Dokumenter zréck.

Fir eis heescht dat, mat de Gemengen zesummen eng nohalteg Politik ze plangen. Ech erënneren un d'lokal Agenda 21. Do fënnt een e grousst Kapitel an den Dokumenter vu Rio.

Ech mengen, et geet wierklech hei drëm, e fundamentale Wäertewandel erbäizeféieren. Et geet wierklech ëm net méi an ëm net manner. E Mentalitéitswandel ëm wierklech d'Ännere vu Liewensgewunnechten.

Ech mengen net, dass eng Regierung, och an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, dat vun uewe fäerdeg bréngt de Leit dat no ze bréngen. Dat muss bei de Leit selwer geschéien. Dat muss a klenge Schrëtt geschéien. Do muss een d'Leit bei der Hand huelen. Et muss een se do ofhuelen, wou se sinn. Mä mir hu genuch Beispiller am Land, mengen ech, um Niveau vun de Gemengen, vu ville Gemengen, dass et machbar ass, dass een d'Mentalitéitswändel erbäigefouert kritt.

Dat geet net ëmmer vum selwen. Dat dauert och dacks ganz laang, mä et ass awer machbar. Et si scho Beispiller hei zitéiert ginn. Ech mengen, dass bei alle Gemenge partei-iwwergräifend eigentlech méi Bewosstsäin do ass, dass mer mussen ëmsteieren, an awer och d'Chance gesi gëtt fir ëmzesteieren, wéi vläicht op engem Niveau méi héich.

Et geet awer och drëm, Här President, mat de Leit eng aner Politik ze maachen. Wann et drëm geet, d'Zukunft vu Lëtzebuerg ze plangen, da muss een net nëmmen eng aner Politik maachen, mä se muss anescht gemaach ginn.

Jo, „anescht Politik" ass fir eis Gréng souguer eng Viraussetzung fir eng aner Politik kënnen ze maachen.

Well nëmme wann ee Leit mat abënnt, ass et méiglech, d'Komplexitéit vun den ustehende Problemer ze vermëttelen. Nëmme wann een d'Leit matschwätze léisst, grueft een de Populiste mat deenen einfache Léisungen d'Waasser of. Nëmme wann een d'Leit matdécidéiere léisst, schaaft een eng Akzeptanz fir déi dringend Changementer, déi noutwendeg sinn an der nächster Zukunft.

Dofir fuerdere mer och, dass endlech den Zukunftsdësch agesat gëtt. Eis ass et egal, ob en Zukunftskonvent heescht. Eis ass et awer net egal, wéi e funktionéiert a wéi en zesummegesat gëtt. Och do hu mer an enger Pressekonferenz ganz kloer Virstellunge presentéiert, wéi déi Zesummesetzung soll ginn.

Meng Zäit ass ze knapps, fir och do hei an den Detail ze goen. Mir wäerten awer dem President vun der Chamber deemnächst eis Virstellunge matdeelen a mir wieren och frou, wann endlech géinge sou oder sou Décisiounen an deem do Kontext geholl ginn.

Et ass elo laang genuch driwwer diskutéiert ginn. Jiddfereen hat Zäit, seng Iwwerleeungen ze maachen, seng Positiounen anzehuelen. Mir hätten elo gär, dass hei an dësem Haus Faarf bekannt gëtt, wéi et mat där Diskussioun do soll weidergoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng maache keng Ënnergangsstëmmung, déi Gréng molen och net den Däiwel un d'Wand. Mä déi Gréng soe kloer an däitlech, dass mer viru wichtegen Décisioune stinn.

Lëtzebuerg steet virun enger Kräizung. Mir sinn der Meenung, dass mer de Choix nach hunn. Mir kënnen op därselwechter Strooss bleiwe vun deene leschten 20 Joer an domat riicht an d'Sakgaass erageroden. D'Sakgaass vum Verkéierschaos, vun zoubetonéierte Landschaften, vun de Parallellgesellschaften. E Land, wou zwar kee méi Steiere bezilt, mä wou et awer net méi derwäert ass ze liewen.

Mir kënnen awer och d'Kéier huelen an de Wee mat ville Knëppelen a Steng drop aschloen. E Wee, deen eis mëttelfristeg awer a Regioune féiert, wou Wuelstand a Liewensqualitéit erëm beieneegefouert ginn, a Géigende bréngt, wou mer zu méi wéi bis elo, besser wéi bis elo, zesumme liewe kënnen.

Déi Gréng, Här President, hu keng Angscht virun der Zukunft vun dësem Land. Déi Gréng hunn och keng Angscht virun der Tatsaach, dass nach méi Leit op Lëtzebuerg wunne solle kommen.

D'Liewensqualitéit hänkt net vun der Zuel vun de Leit of, mä vun der Manéier, wéi d'Zesummeliewe vun deene Leit organiséiert gëtt. Doriwwer muss diskutéiert ginn. Dat ass, eiser Meenung no, déi eenzeg Diskussioun, déi Sënn mécht.

Mir hunn och keng Angscht virun deenen néidege Reformen, déi musse kommen, well kee Land an Europa huet esou eng gutt wirtschaftlech Ausgankspositioun wéi Lëtzebuerg, fir dës Reformen an d'Weeër ze leeden.

Angscht maachen eis déi, Här President, déi aus Commoditéit an den nächste Wahlen dës onausweechlesch Änneruungen an der Verkéierspolitik, an der Energiepolitik, an der Landesplanung, ëmmer erëm no hanne schieben. Si schéngen nach net verstanen ze hunn, dass de Wee an en nohaltegt Lëtzebuerg eis net zréck an d'Steenzäit féiert, mä eng Chance ass fir eist Land nach méi liewenswäert fir haut ze maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President.

Ech mengen, dee Rapport hei huet de Virdeel, dass en op eng Rei vu wirtschaftlechen Hannergrënn vun den Ëmweltproblemer ageet a si och zimlech däitlech beschreift. Et wonnert mech just, dass dat an dëser Diskussioun hei net méi eng grouss Roll bis elo gespillt huet. Ech wëll kuerz dorobber agoen. Ech wëll net agoen op konkret Moossnamen a Richtung Développement durable, mat deene mer d'accord sinn, wa se an déi richteg Richtung ginn. Et fält allerdéngs och op, dass de Rapport relativ vague bleift, wat déi konkret Moossnamen ugeet.

Déi zentral Thees vum Rapport besteet jo eigentlech an der Ausso, dass de groussen Avantage vun der Maartwirtschaft géif doranner leien, dass se sech automatesch, autonom gewëssermoossen, op en ekonomeschen Idealzoustand géif zoubewegen. Et ass dat natierlech déi klassesch liberal Thees vun der „main invisible" vum Maart.

Deen Idealzoustand – gëtt awer da gesot am Bericht –, dee kéint net erreecht ginn de Moment, well an de Präisser de Coût vun der Ëmweltbelaaschtung net enthale wier. Well eise System géif jo berouen um Prinzip, dass all Saach an och all Service misst bezuelt ginn. Soss wier et e Cadeau oder en Déifstall. D'Wirtschaft géif also Déifstall un der Natur begoen, wa se se gratis géif ausbeuten.

Dat ass u sech jo e richtege Constat, deen do gemaach gëtt. Endlech! Mä da gëtt awer d'Schlussfolgerung gezunn – an dat ass eigentlech dee grousse Credo, deen hannert deem Bericht steet –, dass dësen externe Käschtepunkt vum Ëmweltschutz elo misst erëm internaliséiert ginn, dat heescht an de Präis vun de Produkter an de Servicer erëm integréiert ginn.

Domat géif en Incentive, en ekonomeschen Ureiz, geschafe ginn, fir de Käschtepunkt vun der Benotzung a Belaaschtung vun der Natur méi kleng ze maachen. Esou géifen dann d'Consommateuren a par ricochet d'Producteure gezwonge gi méi spuersam mat den natierleche Produiten ëmzegoen, fir de Präis ze senken. Also hätt alt erëm eng Kéier – oh Wonner – déi onsichtbar Hand, déi duerch d'Welt d'Ekonomië leet – oh du do uewen – den Equiliber tëschent Angebot an Nachfrage erëm hiergestallt.

Här President, den Développement durable ass eiser Meenung no, an zwar weltwäit, net nëmmen zu Lëtzebuerg, eng absolut Noutwendegkeet an eng absolut Prioritéit fir d'Mënschheet. Dat ass absolut keng Fro, awer wann een dobäi op d'Main invisible vum Maart zielt, an dat ass jo eng schéin Ëmschreiwung vun engem knallhaarte Wirtschaftsliberalismus, wéi mer en all Dag an der Praxis erliewen an allen Deeler vun der Welt, dann ass dat wuel eng Illusioun. Ganz einfach aus där Ursaach, well et keen ideale Marché gëtt, wou, wéi de Smith oder de Ricardo dat festgestallt hunn, vollinforméiert a gläichwäerteg Acteure géifen handelen, Konsumenten a Produzenten, déi sech géigesäiteg géifen équilibréieren.

De Maart ass beherrscht an der Realitéit vun oligarchesche bis monopolistesche Gruppen, déi héich organiséiert am Weltmoossstab operéieren. Et ass am Fong geholl eng Kollektiviséierung vun der Wirtschaft, déi do scho geschitt ass, virun där ëmmer gewarnt gëtt. Déi ass an der Praxis schonn do, si ass ebe just privat ugëeegent.

Awer op där anerer Säit, op der Säit vun der Demande vun de Konsumenten, do gëtt et net deen opgekläerte Konsument, deen d'Viraussetzung wier fir esou en ideale Marché, mä do gëtt et eng Onzuel vun atomiséierten, duerch d'Werbung méi oder wéineger manipuléierten individuelle Persounen. De Stat, de keynesianesche Stat, huet bis elo zwëschen deenen ongläiche Partner vermëttelt. En huet och zwëschen Aarbecht a Kapital vermëttelt. Bis elo.

Ech wëll eben ee Saz aus dem Bericht zitéieren, dee fir mech ganz mémorabel ass, do steet dran: „...mais le fait que les chambres professionnelles représentant les salariés n'aient pas collaboré à ce hearing donne un aperçu de l'adhésion de certains milieux au développement durable."

Ech fannen et net onbedéngt richteg, dass d'Beruffskummere bei deem Chamber-Hearing iwwert den Développement durable net vertratt waren, well ech fannen, si hätte wichteg Saachen do ze soe gehat, mä ech fannen et awer ongerecht, fir hinnen de Virworf ze maachen, si wieren net um Développement durable interesséiert. Vläicht hätt ee jo emol siche sollen no de reellen Hannergrënn, firwat se net vertratt waren.

(Interruption)

Ass et dann net esou, dass déi Leit, déi schaffe ginn - an dat si jo am Fong geholl déiselwecht, déi um Développement durable missten interesséiert sinn – an hir Vertriederinnen a Vertrieder, déi net onberechtegt d'Befierchtung hunn, dass d'Ëmwelt soll op hirem Bockel gerett ginn? Well wat heescht dann dee Coût véritable, deen am Plan national pour un développement durable vun där Regierung vu virdru gebetsmühlenaarteg als en nei-en ekologesche Credo widderholl gëtt an deen op Gemengeplang den neie Credo an der Taxëpolitik soll sinn.

Wat heescht et, wann et am Rapport vun der Kommissioun zoustëmmend heescht, andeem e Saz zitéiert gëtt vun engem internationalen Institut: „Les taxes sur le capital et le travail minent l'efficacité de l'économie"? Dat bedeit jo näischt aneschters, wéi dass déi ganz Steierpolitik, déi dat 20. Jorhonnert geprägt huet an déi wesentlech vu sozialisteschen, awer och vu keynesianeschen Iddie beaflosst war, a Fro gestallt gëtt.

Déi Taxëpolitik, wéi se hei ugestrieft gëtt an deem Bericht – an et wonnert mech, dass dat hei keen Diskussiounsthema ass, dat ass deen eigentlechen Diskussiounsthema –, ass sozial ongeheier ongerecht, well jo déi verschidde Konsumenten, déi dovu betraff sinn, ënneree ganz verschiddenaarteg sinn. D'TVA op deemselwechte Liter Benzin oder d'Taxe op deemselwechte Liter Waasser bedeit natierlech eng aner Ausgab fir de Mindestlounbezéier oder fir den RMG-Bezéier wéi fir deen, dee mat 195 km/h mat sengem Porsche iwwert d'Diddenhuewener Autobunn rast, ouni dobäi en Délit de grande vitesse ze begoen. Dat hu mer jo gëschter décidéiert.

Zweetens ass et bei deem System esou, dass de Produzent seng Käschten no deem Prinzip jo ëmmer vum Konsument erëmbezuelt kritt. Säi Profitt – an dat ass jo awer nach wuel ëmmer e Begrëff an der klassescher Ekonomie – gëtt duerch déi nei ekologesch Steier- an Taxëpolitik absolut net touchéiert.

Här President, mir sinn net prinzipiell géint Ekotaxen, wa gewësse Prinzipien applizéiert ginn. Ech wëll dat awer unhand vun engem Beispill méi kloer maachen. D'Gemeng Suessem hat eng ekologesch Waassertaxe, déi no folgendem Prinzip funktionéiert huet: Eng gewëssen Zuel – an den Här Sunnen weess dat ganz gutt...

(Interruption)

Jo, en ass awer blockéiert duerch eng Décisioun vum Innenminister. Ech wëll dat hei erklären.

Eng gewëssen Zuel Metercube Waasserverbrauch, gestaffelt no de Memberen, déi an engem Stot sinn, sinn et do ginn oder ginn et nach ëmmer no engem bëllege Basispräis. Doriwwer eraus geet de Präis an d'Luucht.

(Interruptions diverses)

Et ass eng vun deene wéinege Gemengen, zwar mengen ech, wou et dat gëtt.

(Interruption)

Ma, ëmsou besser, wann et der méi gëtt.

Mir waren als Lénk ëmmer mat deem Prinzip d'accord, och wa mer méi e prononcéierte Mechanismus eis gewënscht hätten, mä dee Prinzip ass bei der leschter Taxenerhéijung vum Innenminister ganz einfach verworf ginn, andeem e gesot huet: „Ech akzeptéiere keng esou eng gestaffelt Waassertaxe méi, well ech der Meenung sinn, dass domat verschidde Kategorië vu Waasserverbraucher geschafe ginn, an dat ass net richteg."

Sécher kann een esou an engem beschränktene Mooss géint d'Ausnotzung vun der Natur steieren. Et erreecht ee vläicht e bëssen eppes domat, ouni Zweifel, mä et bedeit eng grouss sozial Ongerechtegkeet. Esou eng Politik stéisst onweigerlech op d'Onverständnis an de Widderstand vun deene Betraffenen, wat erëm eng Kéier d'Akzeptanz vun där jo esou noutwendeger ekologescher Politik bei de Leit a Fro stellt. Wat schued ass! Et ass d'Gefor reell vun enger Entfriemung vun der sozialer Bewegung a vun der ekologescher Bewegung, déi domadder verbonnen ass, wann een net géint esou eng Politik Stuerm leeft.

Sécher, et gëtt gesot am Bericht: D'Politik vun der Nohaltegkeet hätt och e soziale Volet. Genannt ginn am Plan de développement national eng Erhéijung vum RMG a vum Mindestloun. Wahrscheinlech ass d'Regierung der Meenung, dat wär jo elo an der Zwëschenzäit erfollegt an et bräicht net weider erhéicht ze ginn, well ech liesen näischt méi an de Konklusioune vum Rapport doriwwer.

Dat heescht awer just nëmmen, dass deenen, déi am mannsten hunn, e klengen Ausgläich accordéiert gëtt, mä dass näischt un de fundamentalen Akommes- a Lounënnerscheeder a Richtung vu méi enger gläicher a gerechter Gesellschaft geschitt. Grad d'Steier um Kapital an op der Aarbecht, déi hei an deem Bericht vehement ofgelehnt gëtt, hätt awer en däitlechen Ëmverdeelungseffekt, dee jo awer esou noutwendeg wier bei deene wëlle Konsequenze vum Neoliberalismus, déi och heiansdo vun anere Parteie bedauert ginn – de Moien nach vum Kooperatiounsminister am Zesummenhank mam Vertrag mat den ACP-Länner –, an déi jo zu esou villen Ongerechtegkeeten an der Welt féieren, wéi mer et jo alleguerte misste wëssen.

Iwwregens ass och d'Steier op der Aarbecht, zum Beispill a Form vu Lounsteier oder vun enger Cotisation sociale, eng Steier, déi zulaaschte vun de Patrone geet, well de Loun gëtt jo vun hinnen als Géigeleeschtung vun der Aarbecht bezuelt. Fir et also e bëssen iwwerspëtzt ze formuléieren: Wann d'Patronen d'Lizenz kréien, fir d'Natur auszebeuten, wéi dat jo am Bericht hei festgestallt gëtt, a gesot kréie si missten awer e Coût vérité dobäi praktizéieren, wou all déi ekologesch Käschten dran agerechent wieren, da muss ee sech awer d'Fro stellen: A wéi ass dat mat der Erlaabnis, fir d'mënschlech Aarbecht auszebeuten – fir et emol e bësse krass ze soen –, muss do net och de reelle Coût gëllen?

Duerfir halen ech näischt vun esou ideologesche Sloganen, dass d'Aarbecht misst méi bëlleg ginn. Fréier hunn d'Gewerkschaften an d'Lénksparteien dat als e Lounbedrug bezeechent. Haut geeschtert dee Slogan vun der bëlleger Aarbecht duerch all politesch Reien. Ech si par conter, an déi Lénk och, staark fir progressiv Steieren um Kapital mat deenen de soziale Wunnengsbau an déi noutwendeg ekologesch Investitioune kënne getätegt ginn. Ech si fir anstänneg Léin a sécher Aarbechtsplazen a fir sozial Cotisatiounen, déi an där Héicht sinn, fir kënnen deenen neien Erausfuerderunge vun der Sécurité sociale gerecht ze ginn.

Den Développement durable soll vun deene bezuelt ginn, déi d'Schied un der Ëmwelt an éischter Linn verursaachen. Pollueur-payeur huet dat emol geheescht. Wann ech de Bericht vun der Kommissioun liesen, dann heescht dat elo Pollueur-usager-payeur. Do ass eng gravéierend Gewichtsverlagerung geschitt.

Fir ze resuméieren: „déi Lénk" sinn also d'accord mat alle Moossname fir eng ekologesch Entwécklung op alle Gebitter an op allen Niveauen, déi vläicht nach net wäit genuch geet. Wou et evident ass, dat ass am Transportsecteur, dass se nach net wäit genuch geet. Mir sinn och d'accord mat engem Moratoire fir de Stroossebau, wou och d'Tangente ouest dovu betraff ass, wéi dat elo hei an enger Motioun gefuerdert gëtt, déi mer selbstverständlech ënnerstëtzen. Mir sinn och der Meenung – am Prinzip –, dass déi eenzel Leit musse sensibiliséiert ginn a bis zu engem bestëmmte Grad responsabiliséiert ginn an deene Beräicher, wou se wierklech eegeverantwortlech handele kënnen, zum Beispill iwwert de Wee vu gestaffelte Waasserpräisser oder Offalltaxen. Ech kann awer net deen däitlechen neoliberale Grondtoun vun dësem Rapport guttheeschen.

Här President, zum Schluss nach ee Wuert. Mäi Kolleeg Bisdorff hat bei de Budgetsdebatten am Dezember 2000 eng Motioun eraginn iwwert den Impakt vun der ekologescher Entwécklung op eis Regioun an op Lëtzebuerg, déi de Virdeel hat den Aspekt vun der Grossregioun mat an d'Diskussioun eranzebréngen.

Ech hunn elo leider keng Zäit fir iwwert de Volet vun der Regionalpolitik, zum Beispill, ze schwätzen, dee mir ganz wichteg schéngt an dem Kontext vun der nohalteger Entwécklung. An där Motioun ass deen Thema

ugeschnidde ginn. Déi Motioun ass herno zréckgezu ginn zugonschte vun enger parteiiwwergräifender Motioun, déi een Zukunftsdësch, awer um reng nationale Plang, ugekënnegt huet.

Awer, esou wéi d'Situatioun elo ass, schéngt weder e regionalen Zukunftsdësch nach e Lëtzebuerger Zukunftsdësch an der Zwëschenzäit nach erwënscht ze sinn. Ech stelle mer souwisou d'Fro: Wann deen Dësch esou elitär an esou geheim soll zesummekomme wéi de Rentendësch, dann ass et vläicht besser, et gëtt iwwerhaapt keen esou en Dësch a mir loossen der Regierung hir Verantwortung a mir loossen der sou genannter Zivilgesellschaft hir fräi Aktiounsméiglechkeeten. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, dass mer bei der Ëmsetzung vun der nohalteger Entwécklung net weiderkomm sinn, hänkt wuel un der schneller Zäit, an där mer liewen. Et hänkt dovun of, dass jiddfereen, zum Beispill jiddfer Minister, schnell eppes wëllt Opweises hunn an d'Nodenklechkeet, d'Plangen, Rücksicht huelen op dat, wat gewuess ass, ass net d'Stäerkt vun onser Zäit. Duerfir ass d'nohalteg Entwécklung iwwer all Indicateuren an Zuelen a wëssenschaftlech Betrachtunge mat Studie virun allem – fir mech op jidde Fall – eng Fro vu Respekt fir d'Mënschen a fir d'Natur, eng ëmsiichteg a kohärent Astellung, wann et ëm politesch Décisioune geet. Dass iwwerall Biergerinitiativen entstinn, ass fir mech en Zeechen, dass d'Bierger dee Respekt akloe wëllen, dass se net méi alles gleewen, wat d'Politik hinne mat grousser Iwwerzeegungskraaft wëllt imposéieren.

Här President, vläicht ee Wuert zum Rapport, well den Här Urbany elo kuerz dovunner geschwat huet. Wéi sou oft an dëser Chamber ass dat reglementaresch net ganz kloer. De Rapport vum Här Calmes ass an der Kommissioun zur Ofstëmmung komm, dobäi ass e mehrheitlech ugeholl gi mat deene Péripétien, déi den Här Gira elo just duergestallt huet. Mir hunn ons dobäi enthalen, obwuel eng ganz Partie interessant Saachen an deem Rapport sinn, eng ganz Partie aner Saachen, d'Evaluatioun zum Beispill vun der Regierungspolitik, ons awer net kritesch genuch waren. Dee Rapport huet awer eigentlech kee Statut, wann ech dat esou ka soen, well e jo hei net an der Plénière ofgestëmmt gëtt. E läit do, eigentlech als en Dokument vum Rapporteur, wou dee seng Reflexiounen erabruecht huet.

Dat misste mer awer eng Kéier emol klären, och an der Reglementskommissioun, wat esou Rapporten eigentlech fir e Statut hunn, an ob net hannen un déi Rapporte vum Rapporteur misste politesch Konklusiounen ugehaange ginn, déi dann ebe vun der Plénière géifen ofgestëmmt ginn.

Här President, ech deelen d'Aschätzung vun onsem engagéierte Rapporteur Emile Calmes, wann e seet, dass d'Politik zu Lëtzebuerg haut a muer vun onsem héije Liewensniveau bestëmmt gëtt. Dozou gehéieren ënner anerem d'Pensiounen, mä si net eleng.

Dëse Liewensniveau mécht de Wirtschaftswuesstum noutwendeg an also de weideren Ausbau vum Land. Domat ass natierlech, an do kënnt een net derlaanscht, egal wéi ee sech zu där Problematik stellt, e gudden Deel vun der Verantwortung fir déi nohalteg Entwécklung op ons alleguer renvoyéiert.

D'Verwunne vun Terrainen, Déplacementer mam Privatauto fir anzekafen, fir schaffen an an d'Schoul ze goen, héich entwéckelte private Konsum, Vakanze mam Avion, am eenzelnen ass dat e Liewensniveau, dee vill Leit sech erschafft hunn, un dee se sech gewinnt hunn an dee se net mësse wëllen, mä zesummegeholl gëtt dat haut schonn en ze héije Landverbrauch, en ze héicht Mooss un CO_2-Emissiounen, ze vill Offall, ze vill Verbrauch vun natierleche Ressourcen, ze vill Pollutioun, ëmmer manner Rou a Liewensqualitéit.

Domat ass natierlech d'Verantwortung vun der Politik fir d'Problemer vun haut festgeluegt. An där Hinsicht ginn ech dem Rapporteur ausdrécklech Recht, wann e seet: „Le vrai débat se situe sur la qualité de vie des actuels 450.000 habitants dans le Luxembourg d'aujourd'hui et de demain." Mir hunn als Sozialisten dat vun Ufank u gesot, wéi dee berühmte 700.000-Débat ugaangen ass.

Well wa mer onst Land haut nohalteg gestalten a verwalten, wa mer dat richtegt Konzept vu Liewensqualitéit haut hunn, da passe mer doduerch automatesch op d'Zukunft op. D'Verantwortung natierlech an der Politik hunn an éischter Linn déi, déi d'Mëttele fir ze handelen an der Hand hunn. Domat ass natierlech d'Regierung vun 1999 bis 2004 direkt ugesprach.

Déi wesentlech Décisioune vun haut fir muer hëlt nëmmen een, nämlech d'Regierung an d'Majoritéit, zum Beispill d'Décisioun fir de BTB net ze bauen, d'Décisioun fir den Ëmweltministère ze schwächen, d'Décisioun fir d'Stroossenetz auszebauen, d'Décisioun fir d'Landesplanung an d'nohalteg Entwécklung an zwee verschidde Ministèren unzesiedelen an domat ze trennen.

Natierlech – an dat däerf een net vergiessen – ass och d'Verantwortung vun der Gemengepolitik ugesprach mat hirer Urbanismuspolitik an hiren Initiativen um Plang vun der Energie a vum Offall. D'Gemenge kënne vill Ustéiss ginn, wann ee se léisst a wann den Innenministère hir Autonomie respektéiert, wat en net ëmmer mécht. Eng dezentral Approche vun der nohalteger Entwécklung ass eng grouss Chance fir ons alleguer, well vun de Gemengen, als kleng Zentren, kënnen Impulser no baussen, méi regional an national, ausgoen.

D'Verantwortung fir d'nohalteg Entwécklung läit och beim Parlament. D'Manéier, wéi mer hei d'Zukunftsfroen uginn, ass allerdéngs net ëmmer iwwerzeegend. Jiddfer Majoritéitspartei hätt gären hir Spillwiss gehat:

d'CSV an der Immigratiounskommissioun, d'DP an der Ëmweltkommissioun. Doriwwer eraus ass dann an der Lëtzebuerger Politik e regelrechte Concours Lépine ausgebrach, fir nei Gremien ze erfannen.

Deen ee wëllt en Zukunftsdësch, deen aneren en Zukunftskonvent oder eng parlamentaresch Zukunftskonferenz oder d'Zesummeleeë vu Kommissiounen a sou weider. Ech sinn der Meenung, dass d'Parlament an dëser Diskussioun eng Leetfonctioun soll hunn, sech natierlech op d'Zivilgesellschaft opmaachen an als Iddielaboratoire fonctionnéiere soll. Et muss een allerdengs konstatéieren, dass d'Mëttele vum Parlament ze kleng sinn, fir systematesch an déi Richtung ze goen, an ech zweifelen drun, dass bei der heiteger Parlamentsmajoritéit de Wëlle besteet, dass d'Parlament sech d'Mëttelen dozou gëtt.

Här President, déi wohltuend kuerz an onkomplizéiert SERI-Etüd bestätegt dat, wat jiddferee vun ons, deen d'An e bëssen opmécht, intuitiv feststellt: dass de Verkéier am Stau stécht, dass mer onst Land zersiedelen a mat Stroossen zoubauen, dass mer ze vill Dreck produzéieren, dass mer ze vill fossil Brennstoffer verbrauchen an domat ze vill CO_2-Emissioune produzéieren.

D'Fro vun der Mobilitéit oder vum Verkéier ass eng zentral Fro vun der nohalteger Entwécklung, un där d'Geeschter sech scheeden. Ech wëll e bëssen dorop agoen, well et wierklech eng wesentlech Fro fir d'Zukunft vum Land ass.

Bis elo hu mer onst Autobunnnetz ausgebaut, weider Stroossebaute si virgesinn, sief et Contournementen oder gréisser Verbindungen, zum Beispill d'Tangente ouest vu Schëndels op Mamer an nach weider Richtung PED, eng Autobunn vun der Belscht a Frankräich an d'Collectrice du sud eran, eng Verbindung vum Bridel an den Uelzechtdall, eng Parallellstrooss laanscht Zéisseng an duerch de Südweste vun der Stad, a sou weider.

Ob déi Stroossen décidéiert sinn oder net, schéngt an der Regierung nach net kloer ze sinn. Den Här Berger huet an der Ëmweltkommissioun gesot, et wär näischt décidéiert. D'Mme Hennicot huet virgëschter um Radio gesot, d'Regierung hätt dat alles am Joer 2000 décidéiert. Mä souguer, wann all déi Stroossen nach net décidéiert sinn, sti se als Strécher op Kaarten an et gëtt – menger Ansicht no, aus der Erfahrung vun deene vergaangene Joren – näischt méi Sécheres wéi e Stréch vun enger Strooss op enger Kaart, fir dass déi Strooss gebaut gëtt.

Une voix.- Ausser d'Saarstrooss...

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Wien iwwert d'nohalteg Entwécklung schwätzt, kënnt haut net méi derlaanscht de Stroossebau an den Zesummenhank mat de Konsequenzen, fir Leit an Natur an Uertschaften ze stellen.

Nei Stroosse generéieren neie Verkéier, neie Verkéier bréngt nei Problemer fir d'Mënschen an d'Ëmwelt, d'Spiral dréit sech ëmmer weider. Ech erënnere mech nach, wéi an den uechzeger Jore gesot gouf: „Elo baue mer nach dës Autobunn an dann déi do an dann ass et Schluss."

Iwwerhaapt net Schluss ass et. Huele mer zum Beispill d'Tangente ouest an ech wär frou, wann den Här Ëmweltminister do ganz gutt géif oppassen. Fir d'éischt war de Besoin do, fir Kielen a Keespelt ze entlaaschten, dat heescht de bestehende Verkéier net duerch d'Uertschaften ze loossen, mä en derlaanscht ze féieren. Eigentlech e berechtegte Besoin, muss ee soen. Dono ass gesot ginn, et misst ee vun der Nordstrooss en direkten Zougank op d'Autobunn vun der Belscht bauen an et gëtt envisagéiert déi Tangente ouest bis an de PED ze verlängeren an domat de Weste vum Land ze développéieren.

Domat gëtt dann déi Géigend, déi am Südweste vum Land läit, an nach zu engem groussen Deel aus Gréngfläche besteet, duerchschnidden. Domat géif, menger Meenung no, en Akt poséiert, dee géint de Plan directeur vum Aménagement du territoire géif goen, well op deem Plan directeur sinn an där Géigend just eben déi grouss Gréngflächen agedroen a solle sauvegardéiert ginn.

Datselwecht geschitt elo mat der Süd-Ëmgehung vum Bridel – an den Här Gira huet schonn dovunner geschwat. Och do ass eigentlech näischt géint eng Uertsëmgehung u sech ze soen, well d'Liewen an der Uertschaft doduerch besser gëtt, mä déi Ëmgehung vum Bridel iwwert d'Biergerkräiz soll Richtung Walfer a Steesel duerch eng nei Strooss verlängert ginn. Déi steet schonn op de Pläng. Am Südweste vun der Stad Lëtzebuerg ass laanscht Gaasperech an Zéisseng a Richtung Bartreng a Stroossen eng Parallellstrooss laanscht d'Autobunn virgesinn, fir fënnef gréisser Industriezone mateneen ze verbannen, déi bis 50.000/60.000 Aarbechtsplaze generéiere kënnen.

M. le Président.- Den Här Bettendorf wëllt gären eppes soen.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här Fayot, ech hat d'Mme Minister gefrot. Dee Plang, deen déi Gréng presentéiert hu mat där Strooss Stroossen-Bartreng iwwert d'Autobunn ewech a mir ass gesot ginn, déi Pläng géife guer net bestoen.

Dat ass eng Erfindung vun de Kolleegen op där Plaz. Dat wollt ech lech emol soen.

(Hilarité)

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Mir kënnen dat nosichen. Kee Problem.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Also, Här Bettendorf, ech soen lech merci fir déi Informatioun, mä...

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Dir kënnt lech se um Internet erofhuelen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- ...ech mengen den Här Helminger kann lech vläicht e bëssen dovunner erzielen. Mir hate jo Biergerversammlungen zu Zéisseng, zu Gaasperech, wou ebe Pläng virlungen, wou iwwert déi Stroossevariante geschwat ginn ass.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Dir hutt déi vu Stroossen-Bartreng genannt.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Iddi awer net wäit ewech läit, Här Bettendorf, fir wann déi Strooss emol eng Kéier laanscht Gaasperech-Zéisseng gebaut ass, fir dann déi Industriezonen, déi do zum Deel bestinn, zum Deel solle gebaut ginn, fir déi mateneen ze verbannen. Ça tombe sous le sens an där Logik, wou mer ons hei dra befannen.

Et sinn also net eng oder zwou Stroossen, Här President, déi punktuell Problemer solle léisen, mat deenen een eigentlech kënnt d'accord sinn – ech hunn domat kee Problem, wann dee Besoin besteet –, mä et ass e ganze Pak vu Stroosse ronderëm d'Stad an am Westen, an am Süde besonnesch, deen dës Géigende stroosseméisseg héichrüste soll. Dat ass de Problem.

Ech froe mech, ob dat eng Entwécklung ass, awer ech froen dat wierklech ganz éierlech hei, ouni dass ech elo wëll engem ze no trieden, engem Minister oder enger Majoritéit, ech froen: Ass dat eng Entwécklung, déi mer wierklech wëllen? Dat ass eng Fro, déi ee vläicht de Leit, déi an deene Géigende wunnen, misst op déi Manéier stellen. Ech mengen, net nëmmen d'Fro vun engem Contournement, mä d'Fro vun engem gesamte Pak, deen eben do op se duerkënnt.

Da kann ee sech nach froen, wéi et mam öffentlechen Transport als Complément oder als Alternativ zu deem Stroossebau ass. Et ass jo scho gesot ginn, am transnationale Beräich si mer ausser mat Frankräich iwwert den TGV an enger Sakgaass, souwuel wat Däitschland wéi wat d'Belscht ugeet. Et geschitt do näischt, au contraire geschitt ëmmer méi Ofbau vu Strecken, déi Lëtzebuerg international verbannen. Et gëtt keng Aussiicht op Besserung an deenen zwou Richtungen.

Am nationale Beräich ass jo de BTB zerschloe ginn. Et bleift haut de Plang vun enger Nullplus-Variant mat engem Tram-Contournement, laanscht den Zentrum vun der Stad iwwert de Findel an de Kierchbierg a vun do op Dummeldeng Richtung Norden. Et solle jo nei Garen den Zuchverkéier op Zéisseng an op den Houwald bréngen, fir vun do aus an d'Stad an an d'Périphérie ze kommen, ouni dass allerdengs bis elo weider preziséiert gëtt, wéi et vun do aus weider goe soll, ausser mat Bussen. De Busverkéier ass schonn haut an der Stad saturéiert.

Et gëtt jo an der SERI-Studie e puer Pisten opgewisen, wéi d'Mobilitéitspolitik zu Lëtzebuerg ausgesi kann: eng integréiert Ëmwelt- a Verkéierspolitik mat Prioritéit op öffentleche Persounen- a Gidderverkéier, mat der Ugläichung vu Benzin- an Dieselpräisser op de Präisniveau vun den Nopeschlänner, mat der Internaliséierung vun den Effete vun Autos- an Avionsverkéier.

Dat sinn natierlech mëttelfristeg Pisten, allgemeng Iddien, déi scho laang am Raum stinn, mä wou natierlech d'Realisatioun – dat ass jo vum Virriedner scho gesot ginn – alles anescht wéi einfach ass. Mä ech mengen, iwwert déi mëttelfristeg Piste muss déi nohalteg Entwécklung sech direkt a politeschen Entscheedungen nidderschloen.

Da kommen ech op dee berühmten Absatz, deen zu villen Diskussiounen Ulass ginn huet am Bericht vum Här Calmes, wou e seet, dass all déi Mesuren, déi a „mobilitéit.lu" en faveur vum Transport public sinn, dass déi misste fir d'éischt emol duerchgefouert ginn, éier een nei – an dat hu mer verstanen esou an der Ëmweltkommissioun – gréisser Projeten, Constructions routières géif maachen, also grouss Verbindungsstroossen, wéi zum Beispill d'Tangente ouest. En huet weider gesot: „Elle craint qu'une poursuite irréfléchie d'investissements en matière d'infrastructures routières ne constitue une hypothèque pour les générations futures." A well dat eben eng Hypothéik ass, muss ee gutt plangen a sech vill Gedanke maachen, éier een dat mécht.

Dës Sätz vum Rapporteur si vun engem groussen Deel vun de Leit aus der Ëmweltkommissioun gedroe ginn, dat muss een hei an aller Franchise soen, duerch all d'Fraktiounen. Natierlech hu se dunn, wéi se an d'Öffentlechkeet komm sinn, an alle Parteien a besonnesch an de Majoritéitsparteie fir Opregung gesuergt. Ech mengen, et gëtt jo elo no Mëttele gesicht, fir an enger Motioun déi Aussoen do e bëssen ze relativéieren an anzekleeden.

Ech mengen awer, wat dee Stroossendébat ugeet, et ass eigentlech net deen alen Débat, deen hei erëm opflaamt, deen Débat vun de siwwenzeger Joren, wéi mer ugefaangen hunn onst Land autogerecht ze maachen. Haut, 30 Joer dono, wësse mer eppes méi iwwert d'Stroossen. Haut wësse mer, dass d'Stroossen nëmmen en Deel vun der Léisung kënne sinn a ganz oft souguer de Contraire vun enger Léisung, respektiv de Problem selwer.

Ech verstinn, dass déi Leit, déi all Dag d'Diddelenger, d'Escher, d'Areler oder d'Tréirer Autobunn fueren an do am Stau stinn, dass en Ausbau vun enger Autobunn eng Zäit laang d'Liewe kann erliichteren, mä ech mengen, dass dat nëmmen eng Zäit laang an eng relativ kuerz Zäit laang ka sinn, well de Problem zu Lëtzebuerg mat der Dimensioun vum Land ze dinn huet. Et muss ee froen, fir wat fir e Präis u Landverbrauch, u Pollutioun an u Kaméidi.

Duerfir ass meng Partei der Meenung, dass nei grouss Stroossebauten net sollen décidéiert ginn, éier d'Projeten IVL a „mobilitéit.lu" endlech emol konkretiséiert ginn an hir Auswierkung op d'Verkéiersopkommen ze iwwersinn ass.

Zweete Problem, deen ech uschneide wollt, ass de Flächeverbrauch. Do ass jo d'SERI-Etüd, mä dofir brauch ee keng Etüd, dat geeschtert jo scho bei de Leit ronderëm säit Joren an et gëtt gefaart, dass duerch eng méi grouss Bevölkerung a méi Wirtschaftswuesstum d'Land lues a lues awer sécher zoubetonéiert gëtt mat Wunnhaiser, öffentleche Gebaier, Stroossen an esou weider.

An der Etüd steet, dass vun 1990 bis 1997 d'Fläch fir Wunnen a Verkéier vu 7 op 10% vum Land eropgaangen ass. Dëst ass anormal vill par rapport zur Augmentatioun vun der Bevölkerung. A wann deen Trend géif weidergoe bis 2050, wär d'Land zu 80% zoubetonéiert. Déi Zuele muss een natierlech relativéieren, mä et ass een Trend, deen ee ka konstatéieren.

A Realitéit konstatéiert ee jo eppes méi Konkretes. Vill Leit flüchten aus der Stad, wou d'Siedlungen zesumme sinn, an nei Siedlungen um Land, well d'Wunnen an der Stad ze deier ass, well d'Bürotisatioun vill Wunnengen opfrësst, well den Autosverkéier d'Liewensqualitéit an der Stad zerstéiert.

An der Haaptstad hu mer an de leschten 30 Joer kee Mëttel dergéint fonnt, fir ze verhënneren, dass Wunnenge verschwonne sinn a Büroen dohi komm sinn. Och op dësem Plang muss eng nei Politik hier. D'Ausso vum Rapporteur fannen ech an där Hisiicht éischter vague. Och d'SERI-Etüd schwätzt nëmme vun enger méi grousser Produktivitéit vum Buedem, deen zur Verfügung steet.

De Plan national de développement durable gesäit vir, de Buedemverbrauch bis 2005 ze stabiliséieren a bis 2010 ëm 50% ze reduzéieren. Ech mengen, dat wär illusoresch.

Sécher hu mer et hei mat déiwe Mentalitéiten ze dinn, wat de Besëtz vu Land ugeet. D'Eegenheem mat engem méiglechst groussen Terrain ronderëm, wa méiglech an der fräier Natur, ass déif an der Mentalitéit vun de Lëtzebuerger verankert. Dëst huet zur Konsequenz, dass d'Dierfer explodéieren an zersiedelt ginn. Vun all deenen anere Konsequenzen um Verkéiersplang brauche mer net ze schwätzen.

Wéi de Fonds du Logement an der Millebaach méi dicht gebaut huet, hu vill Leit d'Nues gerümpft. Dëst wäert sécher déi schwieregst Ëmstellung sinn. D'Densificatioun vun de Wunngebidder ass awer, menger Ansicht no, net ze ëmgoen. Ganz besonnesch d'Gemenge sinn an där Hisiicht mat hirer Siedlungs- an Urbanismuspolitik gefuerdert. Wann d'Gemenge Wunnengsgebidder an hirem Plan d'aménagement général ausweisen, da musse se sech och d'Mëttele ginn, dass dëst e Wunngebitt bleift an net no an no vu Büroen duerchsat gëtt, ouni all Kéiers misse Prozesser unzestrengen.

D'Wunngebidder an de Gemengen a Stied mussen och besser géint den Duerchgangsverkéier geschützt ginn. Ech wunne selwer an enger Strooss an der Stad, an et sinn nach Leit hei, déi och an där Strooss wunnen, wou nach vill Famillje mat Kanner wunnen. Déi Strooss ass eng Bretelle d'accès zu enger Autobunn. Dës Funktioun huet dem Stat no absolut Prioritéit. Et kënnt also net a Fro do Tempo 30 anzeféieren. Et brauch ee sech dann net ze wonneren, dass d'Leit lues a lues aus de Stied op d'Land fortzéien an d'Zersiedlung vum Land weider fortschreit. Dat sinn Zesummenhäng, déi een trotzdeem awer och muss gesinn.

D'Fro stellt sech, wéi dës Regierung et mat der nohalteger Entwécklung hält. D'Ëmweltkommissioun hat Hearinge mat de Ministeren a mat Partner aus dem sozialen, wirtschaftlechen an ekologesche Liewen. D'Konklusioune vum Rapporteur mussen hei ënnerstrach ginn: „Bien que les participants des hearings conviennent de la nécessité du développement durable, il n'y a pas de consensus sur la signification du terme et sur l'impératif de changer de modèle de développement au Luxembourg."

Weider seet en: „En ce qui concerne les diverses politiques sectorielles, une réorientation vers le développement durable n'est point envisagée. Bien que les départements ministériels concernés présentent des projets isolés qualifiés de durables, la Commission de l'Environnement ne peut pas détecter le fil rouge permettant une approche coordonnée en faveur du développement durable. De véritables sauts de qualité font défaut."

Firwat ass den Développement durable net duerchzesetzen? Firwat bleift et bei Usätz, heiansdo interessanten Usätz, um Plang vum Logement, vun der Energie, mä firwat ass e globaalt Ëmdenken, dat d'Wirtschaft, dat Soziaalt an dat Ekologescht ëmfaasst, net méiglech?

Dat heescht da konkret: D'Wirtschaft ass nach ëmmer méi déterminant wéi dat Soziaalt oder dat Ekologescht. Keng Ökofiskalitéit gëtt gesot, dees se kënnt um europäesche Plang. Keng sou genannt „illusoresch" Ziler vu Reduktioun vun CO_2, fir mam Wirtschaftsminister ze schwätzen, keng „Utopie", wat de Prozentsaz vun erneierbaren Energien ugeet. Den Asaz vun der beschtméiglecher Technologie nëmmen ënnert der Beuechtung vun de wirtschaftleche Kritären, an esou weider.

Dëst alles sinn Debatten, déi mer säit Jore kennen, an der Gesellschaft, an der Regierung tëschent den eenzelnen Departementer an hirer eegener Logik.

Ech mengen, et muss een doriwwer eraus méi wäit gräife wéi Lëtzebuerg. Et muss een och erkennen, dass onst Land an engem Wirtschaftssystem dran ass, deen esou liicht net ëmzebéien ass an och net eleng vu Lëtzebuerg ëmgebéit ka ginn.

D'Öffnung vun de Grenzen, fir d'éischt am europäesche Bannemaart an duerno am Kader vun der Welthandelsorganisatioun um planetäre Plang, huet zu enger rasanter wirtschaftlecher Entwécklung gefouert.

Nei Problemer sinn entstanen, well et u Regele feelt. Dat muss een och erkenne mat aller Oppenheet fir d'europäesch Konstruktioun. De Nationalstat hat e Pouvoir régulateur, deen en haut duerch d'Globaliséierung, duerch d'Öffnung zu engem gudden Deel verluer huet. Den internationale Marché ass kee Pouvoir régulateur, fir sozial an ekologesch Regelen duerchzesetzen. Et ass e Pouvoir régulateur fir d'Wirtschaft, mä kee fir sozial an ekologesch Regelen. De Liewensmëttelbannemaart ass installéiert ginn, ouni dass déi noutwendeg streng Regele fir d'Nahrungsmëttelsécherheet duerchgesat goufen.

Dëst bedeit fir mech, dass mer wéinegstens um europäesche Plang méi streng Regelen duerchsetze mussen, déi déi wirtschaftlech Aktivitéit um sozialen an ekologesche Plang encadréieren.

En interessanten Aspekt dovun ass zum Beispill d'Gentechnik, déi fir d'Wirtschaft en neie vielversprechende Créneau ass. Dës Gentechnik kann net agesat ginn ouni zolidd Regelen. Dozou gehéiert zum Beispill d'Stäerkung vun de Rechter vun de Verbraucher an de Baueren géintiwwer der Gentechnik. Ech begréissen dofir ausdrécklech de Vote vum Europaparlament dës Woch fir d'Kennzeechnungsflicht fir genmodifizéiert Liewens- a Fuddermëttel. D'Lëtzebuerger Regierung an och dës Chamber hu säit 1997 eng klor positiv Haltung dozou ageholl an dat ass och d'Haltung vu menger Partei an där Hisiicht.

De Rapporteur zéit eng Partie Konklusiounen a mécht eng Partie Virschléi. Ech muss allerdéngs soen, grëffeg Propositioune gëtt et kaum. Sécher kënne vill Instrumenter, besonnesch um wirtschaftleche Plang, nëmmen europawäit agesat ginn, et bleiwen awer vill eenzel a konkret Schrëtt, déi mir selwer kënne maachen an déi och d'Verantwortung vun der Politik a vun all eenzelnen engagéieren. Ech wëll der just e puer opzielen:

– Eng strikt Utilisatioun vun natierleche Ressourcen, zum Beispill duerch eng ekologesch a sozial differenzéiert Facturatioun vum Waasserverbrauch, déi allerdéngs vum Innenminister net approuvéiert gëtt. Eng Initiativ vu verschiddene Gemengen, déi een, menger Ansicht no, soll gewäerde loossen an deenen hir Autonomie een do soll respektéieren.

– Eng koherent Urbanisatioun vun onse Gemengen a Stied, d'Erhalen an d'Verbessere vun der Liewensqualitéit, do wou d'Leit liewen, zum Beispill keen neit Wunnlotissement oder keng nei Industriezon, ouni dass d'Fro vum Entsuerge vun den Ofwässer, de Verkéiersfloss, d'Ubannen un den öffentlechen Transpsort am Viraus geléist ass.

– En Zesummeschaffe vun de Gemenge besonnesch a Ballungsgebidder. Wann ech d'Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg huelen, mussen déi Gemenge ronderëm zesummen a kohärent un Industriezonen, Verkéiersplanung, öffentlechen Transport, Kläranlage schaffen an net géinteneen. Et kann net sinn, dass op enger Gemeng eng Industriezon gebaut gëtt an den Dreck vun där Industriezon bei déi aner Gemeng fléisst.

– E radikaalt Ëmdenke beim Gebrauch vum Auto, eng äusserst virsiichteg Approche beim Bau vun neie Stroossen an zugläich eng Verbesserung tous azimuts vum öffentlechen Transport hin zu méi Flexibilitéit, zu méi Confort an zu méi Effikassitéit.

– De Respekt fir d'Leitlinne vun der Landesplanung duerch all déi aner sektoriell Politiken, a besonnesch de Bauteministère mä och de Wirtschaftsministère.

– De Mainstreaming vun der nohalteger Entwécklung an alle Ministèren an an alle Politiken, also d'Duerchsetze vu klor novollzéibare Kritäre bei der Festleeung vu Politiken.

– Eng méiglechst héich Sécurité alimentaire duerch eng vernetzten Approche: méi Biolandwirtschaft, d'Ënnerstëtze vun der Agriculture de proximité, besser Strukture fir d'Kontrollen, an esou weider.

– De Respekt vu sozialen an ekologesche Kritären am Gesetz iwwert d'öffentlech Marchéen wéi och an der europäescher zoustänneger Gesetzgebung.

Meng Meenung ass, mat allem Respekt fir déi vill Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass vum Rapporteur a fir déi ech him och merci soen, dësen Débat wäert wuel keen definitiven Duerchbroch fir den Développement durable zu Lëtzebuerg mat sech bréngen. Wat e brénge wäert, ass vläicht eng gewësse Prise de conscience an der Politik an an der Öffentlechkeet.

Mir hoffen, dass den Denkprozess an der Regierung méi schnell dréit, dass d'Ministere méi oft zesumme schwätzen an d'Prinzipië vum Développement durable respektéieren. Mir zielen derbei op déi gewielte Vertrieder a Stat a Gemengen, mä och virun allem op d'Biergerinnen an d'Bierger dobaussen.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Berichterstatter Emile Calmes.

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Här President, ech hat de Muere bei mengen Ausféierunge vergiess déi Motiounen ze déposéieren, déi mer déposéiere wollten.

Eng éischt Motioun, déi den Accord an der zoustänneger Kommissioun net fonnt hat, ass déi, fir d'Regierung ze invitéieren, fir dem nationalen Nohaltegkeetsplang eng Base légale ze ginn, fir dann och ee Rapport ze kréien, deen eis periodesch an der Chamber géif presentéiert ginn iwwert d'Ëmsetze vun der nationaler Nohaltegkeetspolitik opgrond vun deenen Indicateuren, déi d'Regierung eis virgeluegt huet.

Da geet et och ëm d'Asetze vun engem Conseil national de développement durable, wou souwéisou misst driwwer légiféréiert ginn, fir och do de Conseil supérieur vum Aménagement du territoire mat eranzekréien.

Da wollte mer och nach hunn, dass dat Gesetz eng Commission interdépartementale um Niveau vun der Regierung asetzt.

Motion 4

La Chambre des Députés

considérant que le développement durable est défini comme un développement répondant aux besoins des générations actuelles sans compromettre les ressources et les besoins des générations futures;

considérant l'interdépendance entre la croissance économique, les besoins en infrastructures, le niveau de l'emploi, le financement de la sécurité sociale, le logement, le transport, la politique industrielle, l'aménagement du territoire et la préservation de l'environnement naturel;

considérant que l'action politique doit œuvrer en faveur de la meilleure qualité de vie possible pour tous;

considérant que cet objectif ne peut être atteint que suivant le principe du développement durable;

considérant que la politique de développement durable au Luxembourg doit s'appuyer sur des faits établis;

considérant la nécessité d'un cadre dans lequel la politique de développement durable doit se concrétiser;

invite le Gouvernement

à établir un inventaire comportant e.a.: les différents scénari du développement démographique et économique avec ses conséquences sociales, ainsi que celles concernant notre environnement;

à mettre en place une législation,

- *donnant une base légale au Plan national pour un développement durable,*
- *instituant le Rapport national sur la mise en œuvre du développement durable, qui évaluera les progrès réalisés vers la durabilité d'une manière scientifique et aussi objective que possible moyennant un système d'indicateurs de développement durable;*
- *instaurant un Conseil supérieur du développement durable;*
- *créant une commission interdépartementale composée de délégués des départements ministériels clés devant veiller à l'intégration du concept de la durabilité dans les politiques sectorielles;*

à poursuivre le dialogue avec les représentants de la société civile.

(s.) Emile Calmes, Gusty Graas, Claude Meisch, Marco Schank, Nicolas Strotz.

Eng zweet Motioun ass méi eng generell Motioun, déi am Prinzip eng Synthèse soll si vun deem, wat mer an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert hunn. Déi wëllt summa summarum soen, dass mir als Ëmweltkommissioun dee Plan national pour un développement durable a senge grousse Linne géife guttheeschen, ouni awer ze vergiessen ze ënnersträichen, dass eng Partie vun den Objektiver, déi do dra sinn, missten adaptéiert ginn. Déi eng vläicht no ënnen, déi aner ganz bestëmmt no uewen.

Mir wollten dann och soen, dass mer d'Regierung géifen ënnerstëtze virunzefuere mat der Sensibiliséierung, fir d'Perceptioun vum Développement durable ze verbesseren, an dass se och soll virufueren an hirer Politik, fir den Zäreneffet an de Grëff ze kréien, fir dass mer esou déi Engagementer, déi mer agaange si mat der Ratifizéierung vum Kyoto-Protokoll, och kënne respektéieren.

Mir sinn och der Meenung, dass mer d'Regierung sollen ënnerstëtzen, fir hir Politik am Naturschutz virunzeféieren, virun allem awer soll se virufuere mam Opstelle vun engem nationale Biodiversitéitsréseau.

Da wëlle mer och d'Regierung ënnerstëtzen an deene Mesuren, déi am Programm mobilitéit.lu virgesi sinn, an och beim Uwende vun de Prinzipien, déi am integrative Verkéiers- a Landesplanungskonzept virgesi sinn.

Mir wëllen d'Regierung selbstverständlech ënnerstëtzen, déi 1% vum PIB ze erreechen, déi derzou sollen déngen an der Kooperatioun an an der Entwécklungshëllef virunzekommen.

Da wëlle mer d'Regierung invitéieren, de Wirtschaftswuesstum an de Bevölkerungswuesstum ofzekoppele vun den Nuisancen op d'Ëmwelt. Et ass e bëssen dat, wat an der SERI-Etüd dra steet.

Mir wollten d'Regierung weider invitéieren, d'Nohaltegkeetsstrategien ze verstäerken, virun allem an de Secteuren Transportinfrastrukturen, Wunnengsbau, Landwirtschaft an Energie, andeems déi sektoriell Aktivitéitspläng ëmgesat ginn.

Mir wollte selbstverständlech och d'Regierung invitéieren, bei allen zukünftegen Infrastrukturprojeten d'Aspekter Mobilitéit, Energie an Ëmweltschutz ze be-

rücksichtegen, selbstverständlech och, datt de Prinzip vum Pollueur-payeur ugewannt gëtt, awer och ze kucken, wat fir fiskal Méiglechkeeten datt et ginn, fir de Prinzip vun der Nohaltegkeet besser virunzebréngen...

(Coups de cloche de la Présidence)

...oder déi deem méi entspriechen.

Da wollte mer selbstverständlech zum Schluss d'Regierung invitéieren, hiert dozou bäizedroen, dat am Kader vun der Europäescher Unioun, datt den Nohaltegkeetssommet, dat heescht de Rio +10, zu Johannesburg een Erfolleg gëtt, a virun allem Akzenter esou anzesetzen am Asaz géint den Aarmutt, awer speziell dann och fir den Ëmweltschutz.

Dat ass déi Motioun, déi mer hei wollten déposéieren.

Motion 5

La Chambre des Députés

- *considérant le principe de précaution;*
- *considérant que le développement durable est défini comme un développement répondant aux besoins des générations actuelles sans compromettre les ressources et les besoins des générations futures;*
- *considérant que le développement durable englobe les dimensions économique, social et environnemental;*
- *considérant les pressions multiples pesant sur notre environnement naturel;*
- *considérant que le Luxembourg connaît en pourcentage la plus importante croissance de la population au niveau européen;*
- *considérant que le Luxembourg est signataire des conventions-cadre de la Conférence de Rio et a adopté l'Agenda 21, qui constitue un plan global d'action concernant tous les domaines où l'activité humaine affecte l'environnement;*
- *considérant le Sommet mondial sur le développement durable à Johannesburg qui aura lieu en septembre 2002;*
- *rappelant que le Luxembourg a réaffirmé son engagement européen dans le domaine du développement durable par la ratification du traité d'Amsterdam;*
- *considérant le programme gouvernemental préconisant notamment que „le principe du développement durable guidera les actions du Gouvernement en matière de politique environnementale";*

approuve le Plan National pour un Développement Durable dans ses grandes lignes tout en soulignant la nécessité d'adapter certains des objectifs y formulés

soutient le Gouvernement

- *à poursuivre ses efforts de sensibilisation afin d'améliorer la perception de la notion de développement durable;*
- *à poursuivre la politique en matière de réduction des émissions de gaz à effet de serre, afin de pouvoir respecter les engagements du protocole de Kyoto;*
- *à continuer la politique en faveur de la protection de la nature, en particulier l'établissement d'un réseau national «biodiversité»;*
- *à mettre en œuvre les mesures prévues par le programme «mobilitéit.lu» et à appliquer les principes contenus dans le «Integratives Verkehrs- und Landesplanungskonzept»;*
- *dans sa décision de consacrer à moyen terme 1% du PIB à la coopération et à l'aide au développement;*

invite le Gouvernement

- *à découpler la croissance économique et démographique de l'utilisation des ressources naturelles et de la détérioration de l'environnement, notamment les nuisances générées par le secteur des transports et de l'occupation du sol;*
- *à renforcer à cette fin ses stratégies de développement durable notamment dans les domaines du transport, des infrastructures, du logement, de l'agriculture et de l'énergie par la mise en œuvre de plans d'action sectoriels;*
- *à prendre en considération les aspects mobilité, énergie et protection de la nature dans tous ses projets d'infrastructures;*
- *à soutenir les efforts des instances communales - communes et syndicats intercommunaux - en matière de développement durable;*
- *à renforcer l'application stricte du principe pollueur-payeur;*
- *à faire étudier des mécanismes fiscaux mieux à même de répondre aux principes du développement durable;*
- *à continuer à œuvrer, au sein de l'Union Européenne, en faveur du succès du Sommet de Johannesburg basé sur un programme d'action concret et ambitieux permettant des avancées significatives en matière de lutte contre la pauvreté, modification des habitudes de production et de consommation contraires au développement durable ainsi que la protection de l'environnement et des ressources naturelles au niveau mondial.*

(s.) Emile Calmes, Gusty Graas, Claude Meisch, Marco Schank, Nicolas Strotz.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert kritt elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir haten haut de moien an haut de mëtten hei an der Chamber sécher e ganz wichtegen an interessanten Débat. Ech wéilt och alleguerten de Spriecher, déi hei derzou Stellung geholl hunn, merci soen, ganz besonnesch dem Rapporteur, dem Emile Calmes, dee jo och e bësse versicht huet d'Synthèse ze maache vun deem, wat an den Diskussiounen an der Chamberskommissioun an deene Méint a Woche virdrun diskutéiert ginn ass.

Et sinn eng Rei Approchë gemaach ginn, eng Rei Definitiounen hei ervirbruecht gi vun der Nohaltegkeet. Et ass schwéier, fir do de ganze Résumé ze maachen. Ech versiche vläicht eng Kéier déi dräi, véier wichtegst Kritären erauszeschielen. Op där enger Säit geet et drëms, fir Ressourcen ze schounen. Et geet drëms, fir am Fong geholl d'Welt esou liewenswäert, wéi se haut ass, nach esou ze hale fir déi zukünfteg Generatiounen. Et ass also och e Generatiounekontrakt, wou et hei drëms geet. Virun allem geet et och drëm, en Equiliber hierzestellen zwëschent dräi Pilieren, dem Pilier vum Environnement, dee vun der Ekonomie an dee Sozialen.

Bref, et géing ee soen, et geet drëm fir déi Liewensqualitéit, déi mer haut hunn, ze erhalen, fir och déi zukünfteg Generatiounen, jo och vläicht souguer ze verbesseren.

Ech wéilt vläicht nach e klengen neien Aspekt mat erabréngen an d'Diskussioun, mat där Feststellung, datt d'Nohaltegkeet virun allem en dynamesche Prozess, en dauernde Prozess ass. Et kann een am Fong geholl ni soen an der Nohaltegkeet: „Elo si mer hei ukomm. Mir sinn an der Nohaltegkeet ukomm. Mir brauchen näischt méi ze maachen." Et muss een ëmmer nees nei Efforte maachen, ëmmer nees dee fragilen Equiliber nei definéieren a versichen an d'Gitt ze kréien. Am Endeffekt, kéint ee soen, ass de Wee praktesch d'Zil an der Nohaltegkeet.

Zwou wichteg Froen, zwee Punkten, wéilt ech da relevéieren, wann een deen dauernde Wee do muss goen. Dat ass éischtens: „Wéi soll een de Wee goen? Wéi soll een dee Prozess gestalten?"

Mir schéngt et wichteg, datt een éischtens soll alleguerten an déiselwecht Richtung goen. Dat bedéngt natierlech, datt een eng Koordinatioun huet vun de sektorielle Politiken, datt een iwwerall d'Integratioun vun der Iddi vun der Nohaltegkeet huet. Dat bedeit och méi wéi eng Kéier, datt ee muss Kompromisser maachen. Datt een do also net nëmme kann op deem enge Pilier insistéieren oder op deem aneren. Datt eben ëmmer nees deen Equiliber soll geschafe ginn. Et muss een natierlech dann och e Konsens an der Gesellschaft duerfir kréien.

En zweete Punkt, dee mer bei deem Wee, deen ee muss goen, wichteg schéngt, dat ass deen, datt jiddfereen e muss matgoen, souwuel d'Politik wéi och d'Bierger. Et ass also eng Saach, déi jiddfereen eppes ugeet a wou och, op där anerer Säit, jiddferee muss seng Responsabilitéiten iwwerhuelen, och deen eenzelne Bierger. Dat setzt viraus, datt jiddfereen natierlech déi néideg Informatiounen huet, datt e ka mat diskutéieren, mat participéieren, mat an d'Entscheedungsprozesser agräifen.

D'Nohaltegkeet ass also och ee Prozess, deen international ugaang ass 1992 zu Rio, dunn ass en ugekuerbelt ginn, an deen och hei zu Lëtzebuerg elo lues a lues un d'Rulle kënnt.

Et kann ee sech d'Fro stellen, ob dat elo ze fréi oder ze spéit ass. Ech stellen einfach fest, datt d'Basis hei zu Lëtzebuerg, niewent deenen Engagementer, déi mer zu Rio geholl hunn, och de Plang vun 1999, déi vun der viregter Regierung ass, wou eng Rei Ziler an alle Beräicher dra stinn. Ech stellen och fest, datt am Fong geholl dee Plang ni öffentlech diskutéiert gi war bis elo. Hei ass déi éischte Kéier, wou dat gemaach gëtt. Et ass also sécher e sënnvollen Exercice, deen eng Kéier huet misse gemaach ginn, fir datt een da kann op deem Wee weidergoen.

Wéi gesot, et kann een elo driwwer diskutéieren: „Ass dat fréi oder spéit?" Rio war 1992. Virdru war vun deem engen oder anere Spriecher gesot ginn, an der Schwäiz wieren se scho méi wäit. Wann een elo vergläicht mat anere Länner an Europa, da kënne mer nëmme feststellen, datt do och lues a lues eréischt dee Prozess ugeet. Datt mer do also sécher net bei deene leschte sinn, mä éischter bei deenen éischten. An der Belsch an an Däitschland lafen d'Diskussiounen och ongeféier, wou mir elo dru sinn.

Wat soll hei da bei där ganzer Diskussioun derbäi erauskommen? Ech mengen, et ass kloer, datt hei virun allem emol solle vun der Chamber aus Indicatioune kommen, Schwéierpunkten definéiert ginn, wou Handlungsbedarf ass, fir kënnen dann herno déi Ziler, déi an deem Plang stinn, ze iwwerschaffen oder eventuell och ze confirméieren. Et ass sécher, datt déi eng oder aner Ziler do mussen iwwerschafft ginn. Dat steet jo och an der Motioun vum Emile Calmes. Et sinn Ziler, déi vläicht an engem éischte Jet ze vill gutt gemengt waren, déi sech herno awer als irrealistesch erausstellen, wou net de schlechte Wëllen do ass, mä déi einfach vun der Praxis hier gesi vun de konkrete Realitéiten, déi mer all Dag begéinen, an der Politik an dobaussen, datt een déi net kann esou halen.

Et ass jo oft einfach ze soen: „Il n'y a qu'à..." Herno fir d'Ëmsetzung gesäit een, datt dat da vill méi komplex ass an datt do d'Solutiounen net ëmmer esou einfach sinn.

Déi Diskussioun haut soll also virun allem e Startpunkt sinn. Haut solle mer dee Wee ufänken ze goen a mir kënnen haut also net fäerdeg Solutioune liwweren. Et

kann een déi net iergendwou elo op engem Blat einfach nidderschreiwen a soen: „Dat ass et elo. Sou kann an Zukunft dann all Problem geléist ginn." Ech wëll nees drun erënneren, datt et eben e fortwährende Prozess ass.

Ech mengen, d'Zil vun haut war sécher och, datt emol eng Prise de conscience och an der Chamber war, an doriwwer eraus och an der grousser Öffentlechkeet, well ëmmer nees stellen ech awer fest, datt een dobaussen, sief dat bei Micro-trottoiren oder soss, wann ee mat Leit diskutéiert, mierkt, datt de Begrëff Nohaltegkeet a wat dat iwwerhaapt bedeit nach net esou an de Käpp vun de Leit ass a se sech der Wichtegkeet vun der Saach net ëmmer sou bewosst sinn.

Bei de Konklusiounen haut aus där Debatt, wann een déi wëllt zéien, kann ee soen, datt hei an der Chamber virun allem gemengt gëtt, datt nach vill Handlungsbedarf géif zu Lëtzebuerg gesi ginn, besonnesch an de Beräicher Mobilitéit, Logement, Drock op d'Natur insgesamt duerch Infrastrukturen, duerch Agriculture. Virun allem kann ee feststellen, datt also hei Handlungsbedarf gesi gëtt am direkten Zesummenhank mat Pressiounen op d'Natur an d'Ëmwelt insgesamt.

Heescht dat elo, datt an deenen anere Pilieren – dat ass also de Pilier vum Environnement, deen hei méi ervirgehuewe ginn ass –, vun der Ekonomie, vum Sozialen, alles an der Rei ass, datt do keen Handlungsbedarf méi ass? Wann een do géif déi eng oder aner Aspekter kucken, iwwert d'Schoul, iwwert d'Justice, iwwer Sozialaspekter, drëtt Welt, géif ech awer mengen, datt do och déi eng oder aner Punkte sinn, déi sécher an Zukunft nach Efforte musse bréngen a wou also sécher och Handlungsbedarf géif bestoen.

Et wier interessant gewiescht, wann een niewent deene villen Aspekter vun Environnement, déi een hei diskutéiert huet, vläicht och e bëssen en Deel vun deenen anere Pilieren hei diskutéiert hätt, well déi jo awer och zu der gesamter Nohaltegkeet gehéieren, well déi dräi Pilieren eben dat Ganzt maachen.

Den Echo aus den Debatten hei war also haaptsächlech op d'Ëmwelt ausgeriicht. Zwee gréisser Défien, wann ee se wéilt résuméieren, kéint een zréckbehalen. Op där enger Säit Klimaschutz an alles, wat mam Klimaschutz zesummenhänkt, op där enger Säit Energie, Transport. Op där anerer Säit dann och dee ganze Volet Naturschutz. Dat sinn Défien, déi sech hei zu Lëtzebuerg stellen, déi sech awer sécher och am Ausland, déi sech weltwäit stellen.

Wann een haut den Diskussiounen nogelauschtert huet, da wéilt ech awer virun eppes warnen, dat ass dat, datt een net nëmmen alles soll da schlecht rieden an e bëssen eng Aart Katastrophepedagogik un den Dag leet. Sécher ass net alles zu Lëtzebuerg optimal, och op anere Plazen, mä et ass awer vläicht net dee richtege Wee fir et unzegoen. Fréier als Enseignant hunn ech och versicht, wann ech an den Eveil-aux-sciencen iwwert Environnement geschwat hunn, net ëmmer alles nëmme schlecht duerzestellen, datt praktesch muer géif d'Welt ënnergoen, mä et soll een einfach versichen, méi eng positiv Basisstëmmung ze créeieren.

Well den Développement durable ass en Zukunftsprojet, wou mer wëllen, datt all d'Leit mat dru wierken, an da soll ee se net scho vergraulen a wierklech se sou pessimistesch astëmmen, datt vläicht kee wëllt matgoen oder sech jiddferee seet: „Et huet keen Zweck méi, mat an déi Richtung ze goen."

Et muss een also och e bëssen dee psychologeschen Effekt mat considéréieren an éischter an déi Richtung goen, datt een eng positiv Opbrochstëmmung soll verbreeden, wéi ëmmer nëmmen ze soen: „D'Welt geet muer ënner."

Sécher ass net alles perfekt, mä et muss ee sech awer och soen, datt an der Vergaangenheet schonn eng Rei Saache geschitt sinn, och wann ech mech elo méi op deem Beräich vum Environnement konzentréieren, deen haut méi intensiv diskutéiert ginn ass. Hei zu Lëtzebuerg, wa mer kucken am Vergläich mat anere Länner an der EU, an der OECD, si mer net déi Schlechts, wa mer do an de Statistike sinn. Et muss een och zréckbehalen, datt mer déi Engagementer, déi zu Rio geholl gi sinn, praktesch all ugaange sinn. Ob dat elo d'0,7%-Entwécklungshëllef si vum PIB, ob dat Reduktioune vun CO_2 sinn, ob dat d'Opstelle vum Netz Biodiversitéit ass, an esou weider.

D'Regierung ass op alle Fall an der Vergaangenheet aktiv gewiescht an enger Rei Beräicher, insbesonnesch och am Environnement. Ech wéilt do vläicht een, zwee Beispiller aus der rezenter Vergaangenheet hei opzielen, fir dat Ganzt z'illustréieren. Am Beräich Klimaschutz méi prezis, an dem Beräich da vun der Energie, nei Akzenter an der Energie kënnen do ganz effizient sinn am Beräich vum Klimaschutz.

Mir hunn am Joer 2000 eng CO_2-Strategie presentéiert, fir d'CO_2-Emissioun ze reduzéieren. Mir hunn et net nëmme bei enger Strategie gelooss, mir hunn och konkret Ëmsetzungen an d'Wee geleet, insbesonnesch am Beräich vun erneierbaren Energien, vun Energie-Effizienz. Mir hunn do zwee Reglementer geholl, déi esouwuel Hëllefe gi fir déi privat Leit, wann se esou Technologien installéieren. Op där anerer Säit, wann Elektresch aus erneierbaren Energië produzéiert gëtt, kréie souwuel d'Leit wéi och d'Gemengen ewéi d'Entreprisen dann eng Prime. Mir hunn op där anerer Säit och iwwert de Fonds pour la protection de Gemengen Hëllefen an Aussiicht gestallt.

Et muss ee soen, datt hei eng ganz grouss Dynamik komm ass. Et kann ee scho bal vun enger Success story schwätzen. Hei maache ganz vill Leit mat. Hei hu mer

also en Zukunftsprojet an et ass e flott Beispill, wat am Fong geholl praktesch gesi kann Nohaltegkeet awer u Positivem bedeiten. Mir kënnen d'Demandë vun de Leit scho bal net méi zielen, sou vill hu mer der vu Leit, déi wëllen nei Technologien installéieren. Mir hu scho praktesch iwwer 20 Gemengen, déi esou Projete realiséieren, an all Dag kommen neier derbäi.

A fir am Endeffekt dat Zil ze erreechen, wat jo och an der Motioun ugeschwat ginn ass, den Découplage vun der Energie-Intensitéit a vum Wirtschaftswuesstum, si mer hei schonn um richtege Wee. Et ass also hei schonn eppes geschitt.

En anert Beispill, och aus dem Environnement: Naturschutz. Sécher sinn do eng Rei Pressiounen, déi op der Landschaft, respektiv op eiser Natur hei zu Lëtzebuerg sinn. Op där enger Säit ëmmer méi Infrastrukturen, déi solle gebaut ginn. Dat mussen emol net Stroosse sinn. Dat sinn Haiser vun deenen zousätzleche Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen. Dat si Sozialinfrastrukturen. Et soll een och net vergiessen, datt och eng aner Form vu Pressioun op der Landschaft, op der Natur läit, déi vläicht méi aus dem Agrarsecteur kënnt, well mir wëssen, datt nach net iwwerall eng optimal Bewirtschaftung, och vun de Gréngflächen, gemaach gëtt, datt d'Waasser verschmotzt gëtt oder einfach Biotopen zerstéiert gi fir intensiv Landwirtschaft.

Mä och do si mer net onaktiv bliwwen. Mir hu bal 15% hei zu Lëtzebuerg ausgewisen als europäesch an national Naturschutzgebidder, wat net wéineg ass. Mir hu Projete wéi dee vum Naturbësch. Mir hunn en neit Gesetz abruecht an d'Chamber, fir d'Habitat-Direktive kënnen ëmzesetzen. Mir sinn amgaang, e Plan sectoriel fir Zones vertes interurbaines auszeschaffen, an esou weider.

Nëmme fir ze illustréieren, datt awer hei eng Rei Saache geschéien, datt vläicht net alles esou negativ ass, wéi et virdrun duergestallt ginn ass. Aus anere Beräicher kéint een och zitéieren den Abfallwirtschafts-Plang, dee mer an d'Wee geleet hunn. Mir hunn an enger Rei Beräicher konkret Norme gesat, zum Beispill bei de GSMs-Antennen, wou mer déi strengst Normen an Europa hunn.

Mir sinn och amgaang – fir vläicht op déi eng Fro vum Här Bodry anzegoen – e Gesetz iwwert de Buedemschutz auszeschaffen. Do ass am Fong geholl déi Saach, fir Buedemschutz auszeschaffen, net ëmmer esou einfach. Firwat? Ma well mer schonn esou vill verschidden Instrumenter hunn, déi dat Ganzt ofdecken. Et geet am Fong u sech drëms, fir nach eng Kéier eng Synthèse ze maachen a vläicht e schéinen Titel iwwert dat Ganzt. Mir hu schonn esou vill sektoriell Gesetzer a Reglementer, déi praktesch integral d'Protection vum Sol, vum Buedem garantéieren. Mir wäerten awer trotzdeem do e Gesetz presentéieren, dat sech e bëssen och ureit an d'Philosophie vun deem, wat an Däitschland gemaach ginn ass.

Dat sinn elo Beräicher, déi ech geholl hu vum Environnement. Doriwwer eraus kéint een awer och an aneren Domäne soen, datt do eng Rei Initiative geholl gi si vun der Regierung: „mobilitéit.lu" – et ass scho méi wéi eng Kéier genannt ginn –, IVL, wat e ganz flotte Projet ass, well jo do déi horizontal Koordinatioun zwëschen eenzelnen Departementer virugedriwwe gëtt, eng Etüd ass vun der Regierung an Optrag gi ginn, fir kënnen Aspekter vun enger ekologescher Steierreform an d'Wee ze leeden.

Aus der Debatt haut huet sech awer erauskristalliséiert, datt d'Noutwendegkeet besteet fir de Wee vum Prozess vum Développement durable an Zukunft kloer ze strukturéieren. Et ass Rieds gaange vun engem Gesetz. Eng Motioun ass dofir speziell déposéiert ginn. D'Regierung hëlt déi Motioun un a mir wäerten elo als Ëmweltministère e Projet de loi ausschaffen, wou sécher bei esou engem Gesetz d'Zil net ass detailléiert Aktiounspläng auszeschaffen, mä wou einfach déi Struktur vum Débat soll festgeluegt ginn.

Éischtens muss also gekuckt ginn, datt mer Indicateuren an d'Gesetz aschreiwen, datt also e Prinzip ass vun Indicateuren, dee muss spillen, dat ass einfach fir kënnen eng objektiv a wëssenschaftlech Basis ze hu fir d'Diskussioun. Diskussiounsfore solle geschafe ginn, ënner anerem dee Conseil supérieur mat alle Forces vives de la nation, derniewent Groupes interministériels, déi da sollen déi Koordinatioun maachen zwëschen deene verschiddene Ministèren.

Et war an deene leschte Wochen déi eng oder aner Diskussioun, wéi een nach kéint déi Diskussioun gestalten. Et war Rieds gaang vu sou genanntene Konventer. Ech géif mengen, einfach vun der Lecture, déi ech hu vun deem Conseil supérieur, deen de Premier Minister bei den Debatten zur Lag vun der Natioun presentéiert huet, datt am Fong geholl dee Conseil supérieur pour le développement durable eng Aart Konvent ass, datt een also net nach misst en zweet Gremium schafen, mä datt et awer op alle Fall sënnvoll ass, datt d'Chamber op hirem Niveau soll d'Diskussioun ënnert iergendenger Form weider féieren.

An deem Gesetz kéint ee sech virstellen, datt do dra fixéiert gëtt, datt dee Plang soll regelméisseg revidéiert ginn, all een oder zwee Joer. Ech mengen, dat ass e Projet de loi, dee mer an den nächste Méint der Chamber wäerten ënnerbreeden. Et ass déi eng oder aner Kéier gemengt ginn, datt een de Prinzip vun der Nohaltegkeet soll an d'Constitutioun aschreiwen. Ech wëll dorun erënneren, datt mer an der Regierungserklärung do eppes schonn dozou stoe hunn. Do steet et zwar net als Développement durable, mä do steet: „...la protection de l'environnement sera élevée au rang de principe constitutionnel." An deenen Diskussioune kann een do amplaz vun deem Terme „protection de l'environnement" dee vum „développement durable" dra schreiwen.

Wichteg ass awer an där ganzer Diskussioun, an deem ganze Prozess, ech hunn et schonn eng Kéier gesot, ech widderhuelen et nach eng Kéier, datt mer alleguerten d'Leit mat abezéien, se responsabiliséieren. Dat si souwuel d'Gemengen, déi eng ganz wichteg Roll kënne spillen, wéi all Eenzelnen. All Bierger muss do mat eragezu ginn.

Do spillen d'Elteren an d'Schoul keng onwesentlech Roll. Dat ass e pedagogesche Prozess: Wann d'Kanner all Dag vun hiren Eltere virgelieft kréien, datt ee muss mindestens en Haus hu mat engem Gaart vu fënnef Ar, datt et zum Standing gehéiert, datt ee muss zwee Autoen am Garage hunn an esou weider, jo da ginn d'Kanner natierlech geprägt, sécher net am Sënn vun der Nohaltegkeet, si gi vläicht nohalteg geprägt, mä awer an déi falsch Richtung.

Also ass hei all eenzelne Bierger gefuerdert an huet seng Responsabilitéit. D'Schoul kéint do nach méi Akzenter dorop leeën, datt een an den eenzelne Coursën, respektiv an der Education morale et sociale vläicht, déi Sujete ka méi uschwätzen.

Ech wéilt vläicht zum Schluss, ganz kuerz awer nëmmen, op den internationale Prozess agoen. Lëtzebuerg ass en Deel an deem ganze Puzzle vun der Nohaltegkeet. Säit Rio hu mer also eis Engagementer, déi zu Rio geholl gi sinn, versicht anzehalen. Och um Plang vun der Europäescher Communautéit ass amgaange sech Gedanke gemaach ze ginn, fir Indicateure festzeleeën.

Et ginn Aktiounspläng festgeluegt an ech kann lech versécheren, datt op alle Fall d'Positioun vu Lëtzebuerg ëmmer ganz kloer war, dass dës Initiativen ënnerstëtzt gi sinn. Et ass esou, wa mer op Johannesbuerg elo ginn, wou de Bilan vu Rio soll gemaach ginn, datt do d'Europäesch Communautéit wäert versichen eng Virreiderroll ze spillen, insbesonnesch well se dorop insistéiert, datt konkret Ziler an alle Beräicher solle festgeluegt ginn, kloer Echéanciere solle festgehale ginn. Vläicht awer eng perséinlech Impressioun, déi ech hunn, besonnesch no de Préparatiounen, déi zu Bali stattfonnt hunn, datt ee mierkt, datt op internationalem Niveau - vläicht am Contraire zu deem, wat haut vläicht hei de Fall war - ëmmer méi d'Diskussioun iwwert déi aner Piliere vun der Nohaltegkeet an de Vierdergrond stoe kommen.

Do gëtt dann haaptsächlech geschwat iwwer sozial Aspekter, iwwer ekonomesch Aspekter, iwwer Welthandel, esou datt do am Fong geholl den Environnement ëmmer manner a Betracht gezu gëtt. Do läit vläicht de Risiko, datt dee Pilier net méi déiselwecht Bedeitung huet, datt een dee Pilier e bësse méi muss eropbréngen, datt deen awer wéinstens gläich behandelt gëtt wéi déi aner Pilieren.

Et ass kloer, Johannesbuerg wäert keng einfach Aufgab ginn, mä d'Positioun vun der Europäescher Communautéit a vu Lëtzebuerg ass do ganz kloer. Mir wäerte versichen déi Ziler, déi mer eis do gesat hunn, kënnen esou wäit wéi méiglech anzehalen.

Ech géing nach eng Kéier alleguer de Spriecher haut de Mëtteg e grousse Merci ausschwätzen. Mir sinn an engem Prozess – ech widderhuele mech nach eng Kéier – an haut ass am Fong geholl de Startschoss, fir dee Prozess unzefänken, respektiv erfollegräich weiderzeféieren. Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Charel Goerens.

M. Charles Goerens, *Ministre de l'Environnement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur Calmes félicitéiere fir seng Fläissaarbecht, eng Aarbecht, déi en iwwer zwee Joer beschäftegt huet an déi eng gutt Synthèse ass vun den Aarbechte vun der Commission de l'Environnement, déi wierklech keng Méi gescheit huet, fir all déi Kontakten opzehuelen, déi ee braucht, fir déi Aussoen ze maachen, zu deenen de Rapporteur a senge Konklusiounen an a senge Motiounen, zu där en d'Chamber elo opfuerdert se ze stëmmen, komm ass.

Ech wollt de Riedner Schank, Bodry, Graas, Gira, Mehlen, Urbany a Fayot merci soe fir hir sachlech Beiträg, déi se zu där ganzer Debatt gefouert hunn. Et ass effektiv eng Debatt, wou ee gesäit, datt net nëmmen dës Regierung, mä och déi Regierung virdrun implizéiert ass. Ech mengen, kee vun eis ass dës Debatt wierklech ugaang an engem Esprit de politique partisane.

Den Här Bodry huet eis seng Aarbecht zur Verfügung gestallt, déi 1999 dem deemolege Regierungsrot presentéiert ginn ass pour approbation. Mir hu gesot: „Et huet kee Wäert, datt mer elo eng nei Virlag schafen. Mir schaffen op där doter. Déi muss periodesch aktualiséiert ginn." Et ass an deem Geescht, wou d'Kommissioun vum Environnement dru gaangen ass, fir hir Analys iwwert d'Nohaltegkeet ze maachen.

Et ass dacks genuch drun erënnert ginn, wat déi eigentlech Origine war vun dësem Débat, déi geet op 1992 zréck, wann et och nach e puer Virleefer goufen, esou war de Sommet de la Terre vun 1992 awer den Ausgaangspunkt vun der Debatt, déi mer haut hei féieren.

An där Debatt ass net nëmme just d'Regierung gefuerdert oder e Minister oder en ekonomeschen Acteur, mä jiddferee vun eis ass gefuerdert. Fir et vläicht e bësse méi karikatural ze presentéieren, géing ech soen, Här President, wann ee méindes säi Waasser a Konschtstoffläschen akafe geet, sech dënschdes opreegt iwwer ze vill héich Stroumpräisser, mëttwochs grad wéi déi meescht a senger Noperschaft eleng a sengem Auto zur selwechter Zäit mueres fortfiert an owes erëm eng Kéier eleng a sengem Auto zur selwechter Zäit erëmkënnt, wann een donneschdes seng Poubelle virun d'Dier setzt mat eidele Batterien, Glas a Pabeier, wann ee freides

akafe geet ouni grëndlech ze iwwerleeën, wéi ee mutt-wëlleg Emballagen hätt kënnen évitéieren, wann ee samschdes da säin duebele Garage opmécht an dann an d'Vogese fiert, dann ass ee schlecht gestallt, fir sech sonndes iwwer ze wéineg Signaler an der Nohaltegkeet ze beschwéieren a sech selwer net och als en Deel vum Problem ze gesinn.

Esou gesinn ass jiddferee vun eis, mengen ech, méi oder wéineger, en Deel vun där ganzer Problematik, och wa mat ënnerschiddleche Responsabilitéiten a mat ënnerschiddleche Moyenen, fir ze agéieren. Et ass e Problem vu perséinlecher Konsequenz. Et ass e Problem vu Koherenz. Et ass e Problem, deen am Klengen net däerf nëmme just fir déi aner gesinn an et ass e Problem, deen am Groussen net nëmmen eis, mä iwwert d'Grenzen eraus jiddfereen interpelléiert.

Et ass am Fong – an ech hat de Moie schonn d'Geleeënheet, fir et ze soe bei enger anerer Debatt, déi een awer hätt nahtlos kënnen hannert dëser féieren, grad wéi een dës hätt kënnen nahtlos hannert där anerer féieren, iwwer Cotonou – eng Debatt iwwert d'Fro vun der Globalisatioun: Wéi kann een d'Globalisatioun am Grousse wéi am Klengen esou gestalten, datt se keng Leit op der Streck léisst, an datt se fir jiddfereen Äntwerte liwwert op seng Préoccupatiounen?

Domat ass d'Fro verbonn, wéi mer am beschte virukommen. Am Konsens hunn déi meescht gemengt: Dat ass gutt, wa mer iwwer Constate schwätzen, datt mer ze vill Pollutioun hunn, datt de „Landfraß", fir et emol esou ze nennen, ze vill héich ass, datt mer net genuch mat öffentlechen Transporter fueren. Do ass de Constat séier fäerdeg. Wa mer konkret wëlle gestalten, wa mer konkret mussen Elementer liwweren an d'Äntwerten, dann ass de Konsens net méi esou séier do, da gëtt gesot: Jo, et muss eng gutt Strategie gesicht ginn. Mä, de toute façon, wat ee méi an dat Konkret, an den Affinement vun der Décisioun vu Léisungen erageet, wat dee Konsens méi brécheg gëtt.

Am Konsens kann ee verschidde Saache constatéieren, ech mengen, am Kompromiss misst een déi meescht kënne léisen. Kee faule Kompromiss, deen op Käschte geet vun engem Eenzegen, mä e Kompromiss, an deem alleguer déi implizéiert Partië sech musse bewosst ginn, datt d'Nohaltegkeet souwuel eng sozial wéi eng ökonomesch a virun allem eng ökologesch Komponent ass, datt nëmmen een en Apport soll bréngen, mä datt se alleguer mussen en Apport bréngen, fir datt dono nach, an deem Kompromiss, deen erauskënnt, d'Ofstëmme vun deenen dräi Dimensiounen openeen eng Lecture zouloossen, déi als Konklusioun Nohaltegkeet heescht.

Mir mussen ambitiéis Ziler hunn. Dat ass ganz evident. Mir mussen awer gangbar Léisunge fannen, fir déi ambitiéis Ziler ze erreechen. D'Etüd SERI ass hei vill beméit ginn, scho virun der Debatt. Ech wëll der Chamber ganz kloer soen, datt mir déi Etüd SERI bestallt hunn, fir aus der Etüd SERI eppes ze maachen. De Rapporteur Calmes huet gesot, wat hien un neien Erkenntnisser gewonn huet an der Etüd SERI. Keng revolutionär nei Erkenntnisser, hie seet: „Si seet am Fong näischt revolutionär Neies."

„Ass déi Etüd SERI duerfir net noutwendeg gewiescht?", fir mat enger rhetorescher Fro weiderzefueren. D'Äntwert ass ganz kloer: Dach, déi Etüd SERI war noutwendeg, well se ass e gutt pedagogescht Instrument, fir an där Debatt hei eis e bësse méi Orientéierungsklorheet ze ginn, eis e bësse méi kloer d'Problemer erkennen ze loossen an eis e bësse méi d'Noutwendegkeet vu Léisungen ze dokumentéieren, déi mer dringend brauchen, fir d'Problemer an de Grëff ze kréien.

An de Beräicher Energie, Transport, Buedemverbrauch an den Décheten huet den Auteur vun där Etüd SERI, den Här Schepelmann, Constate gemaach, wéi d'Evolutioun war an de leschten zéng Joer, wéi d'Evolutioun wier, wann een näischt géing maachen, wéi d'Evolutioun gëtt, wann een dësen oder dee Szenario beméit, an da mécht en natierlech Extrapolatiounen, Extrapolatioune vun den nonzeger Joren, zum Beispill am Landverbrauch, op déi nächst 50 Joer. E kënnt herno mat der Ehrlich-Formule, wou véier Dimensioune mat implizéiert sinn: den Impact environnemental, d'Populatioun, den Niveau de vie an d'Technologie. Am Fong kann ee soen, datt den Här Schepelmann, Auteur vun der SERI-Etüd, net d'accord ass, net d'Fatalitéit akzeptéiert, mat där mer onweigerlech an eng Partie Mauere knuppen: an eng CO_2-Mauer, an eng Déchetsmauer oder an e Stau.

Den Här Schepelmann seet am Fong: Den Impact environnemental ass d'Résultante vun der Populatioun mol den Niveau de vie mol d'Technologie, fir da kloer zur Schlussfolgerung ze kommen, datt de Recours op d'Technologie, op d'Léisungen, déi ee kann an deene véier Beräicher: Energie, Transport, Buedemverbrauch an Décheten asetzen, ka ganz staark de Bevölkerungszouwuess mat sengem Impact atténuéieren, fir net ze soen d'Tendenz carrément renverséieren.

Ech ginn net länger op déi karikatural Extrapolatiounen an, déi oft beméit ginn an deenen Zitaten, déi sech op d'Etüd SERI referéieren, zum Beispill déi, datt wann näischt geschitt, datt dann de Buedemverbrauch an den nächste 50 Joer 80% vum Territoire beansprucht. Ech wëll soen, do stéisst een ënnerwee iergendwann op Grenzen. Eng vun de Grenzen ass emol doudsécher déi vun eiser Obligation de reboisement, déi emol a priori gesetzlech 33% vum Lëtzebuerger Territoire schützt. Eng Dispositioun, déi net all Land huet. Mir hu se awer, Gott sei Dank, an doduerch ass déi Partie vum Territoire emol tabu.

Et ginn nach aner natierlech Grenzen. Ech wëll dat ënnersträichen unhand vun engem Beispill. Et ass grad,

wéi wann Der elo engem Bouf, dee 15 Joer al ass an deen dat Joer fënnef Zentimeter wiisst, säi Wuesstum géingt extrapoléieren op déi nächst 50 Joer, da misst dee mat 65 Joer 50 mol fënnef Zentimeter méi grouss sinn, da wier dee véier Meter laang. Dat ass jo absurd, well en ënnerwee op eng Partie Naturgesetzer stéisst. Esou ass de Wäert vun Extrapolatioune staark ze relativéieren, mä et ass ëmmer am Usaz eppes dra vun engem grousse pedagogesche Wäert, deen eis muss unhalen anescht ze agéieren.

Ech hat bei der Presentatioun vun där Etüd eng Partie Virschléi gemaach oder als Äntwert au détour vun deem engen oder anere Saz Elementer net vu fäerdegen Äntwerte geliwwert, mä vun Denkustéiss, wat ee kënnt maachen.

Wa mer alleguer der Meenung sinn, datt mer wahrscheinlech an Zukunft zu méi sinn, zu wéi vill wësse mer net, mä wa mer dee Landverbrauch, esou wéi en an der Extrapolatioun estiméiert gëtt, wëlle reduzéieren, da kënne mer net esou virubauen, wéi dat bis elo de Fall ass. Da kann net bei all eenzel Wunnunitéit déiselwecht Fläch gebraucht ginn. Wat kënnt een da maachen, fir net total a Kollisiounskurs ze komme mam Här Urbany? Den Här Urbany seet jo zu Recht: „Mir brauche keng Kappsteier, mir brauchen, wa mer wëllen eng gerecht Fiscalitéit behalen“ – ech kann et emol esou interpretéieren – „da musse mer d'Progressivitéit vun der Steiertabell als eent vun de wichtegen Elementer zréckbehalen. Da mussen déi Steieren, déi bezuelt ginn, natierlech Funktioun si vun deem, wat ee kann als Capacité contributive opbréngen.“ Dat ass ganz evident. Keng Fro.

Dat zweet, de Corollaire dovunner, ass awer dann, datt ee sech d'Fro stellt: Musse mer net selektiv virgoen? Wat brauche mer dann zweetens fir Leit, déi keng Capacité contributive hunn? Et hat nämlech ee Journalist mer d'Fro gestallt, ob mer da kënnten eng Steier op d'Haiser setzen. Ech sot, et misst een emol jiddefalls déi Partie vum Haus vun der Steier befreien, déi jiddferee brauch an dee mer als Minimum ugesinn. Mir hunn eenzel Notiounen an eenzel Normen am Gebrauch am Fonds du logement, an der Politique du logement, deen Deel misst ee jiddefalls steierlech befreien, fir de Rescht misst ee kucken, ob een net géing d'Leit dissuadéieren exzessive Raum ze notzen duerch eng Taxatioun.

Eng Fiscalitéit, déi dann ze gesinn ass an deem globalen Aspect. Fir mech ass d'Fiscalitéit, déi mer elo hunn, net der Weisheit letzter Schluss an alle Länner, déi sech iwwert d'Nohaltegkeet ënnerhalen. Am 19. Jorhonnert hate mer eng Fiscalitéit fir eng Agrargesellschaft. Am 20. Jorhonnert hate mer eng Fiscalitéit fir eng Industriegesellschaft. D'Fro ass natierlech opgeworf, ob mer am 21. Jorhonnert nach ëmmer déi richteg Elementer hunn. Mir sinn amgaang eis Etüden doriwwer ze maachen. De Statsminister war jo virun d'Finanzkommissioun komm a mir hate selwer e Gespréich mat him. Mir hunn och e Gespréich mat de Milieux associatifs iwwert déi dote Fro gehat. Déi Etude d'opportunité ass nach net ofgeschloss.

Et fält mer elo grad d'Zitat vum Här Gira an, deen op d'Noutwendegkeet higewisen huet, fir klor ze gesinn. Ech kann dat nëmme bejoen. Mir mussen e Maximum vun objektive Kritären hunn, fir d'Situatioun ze appréciéieren, soss kënne mir eis kee Bild maachen iwwert den Ist-Zoustand an och net soen, wou mir histeieren. Dat hu mer versicht an deenen Indicateuren, déi och net, an dat soen ech ganz klor, der Weisheit letzter Schluss sinn.

Eng Partie vun deenen Iddien hu mer vum Här Bodry geliwwert kritt a sengem Nohaltegkeetsplang. Mir sinn eis och an d'Ausland informéiere gaangen, wat ee kënnt maachen, fir representativ Kritären ze hunn. Mir kréie gesot, esougutt am OCDE wéi an der Europäescher Unioun, dass een net ka mat deene selwechten Indicateure sämtlech Länner moossen. Mir hunn elo emol probéiert, fir unzefänken eis e Monotoring ze ginn, fir déi Indicateuren ze lancéieren, déi Dir viru kuerzem presentéiert krut.

Mir hunn eng Partie sozial Indicateuren, ekonomescher an och där, déi op den Environnement sech référéieren. Bei de sozialen Indicateuren hu mer de Chômage erageholl, den Indice de dépendance, also d'Proportioun vun de Leit, déi méi wéi 65 Joer al si par rapport zu der aktiver Bevölkerung, den Accroissement vun der Bevölkerung, d'Surface habitable par habitant, déi Evolutioun.

Mir hu bei den ekonomeschen Indicateuren d'Evolutioun vum Produit intérieur brut geholl. Mir hunn de Poids vun den Investissementer a Relatioun zu der nationaler Wertschöpfung vun engem Joer geholl. Mir hunn och d'Structure de l'économie dra gesat, dass ee kann de prévisible Processus vun der Tertiairisatioun novollzéien, d'Dette publique, d'Inflatioun an och d'Intensité énergétique.

Mir hu bei den Ëmweltkritären ënner anerem d'Surface du territoire protégé eragesat, d'Evolutioun vun de Gaz à effet de serre an och de Grad vu Pollutioun an eise Flëss.

Eenzelner vun deenen Indicateure verrode ganz vill, net nëmmen iwwert den Zoustand vum Waasser zum Beispill, mä och iwwert d'Evolutioun vun den Infrastrukturen, déi mer brauchen, fir d'Waasser propper ze halen. Eenzel Indicateure mussen affinéiert ginn. Et ass eis zum Beispill an der Kommissioun d'Fro gestallt ginn, firwat hutt der esou vill Indicateuren iwwert d'Agriculture. Mir hunn der zwee: Een iwwert d'Evolutioun vum Revenu agricole an een zweeten iwwert d'Evolutioun vum Revenu agricole bei de Biobaueren. Et ass ganz einfach, well mer och do wëllen erkennen iwwert

eng Lecture, déi sech iwwer e puer Joer erstreckt, wat fir eng Formule déi nohaltegst ass.

Ech ginn dovun aus, wann een deen Indicateur iwwer eng Period vu fënnef bis zéng Joer liest, dass een dann awer en Trend kann erkennen, wat fir eng Form déi meeschte Chancen huet, fir sech nohalteg kënnen ze behaapten. Et ass déi Manéier, wéi mer wollte virgoen.

Den Här Berger huet elo iwwer eng ganz Rei vu Gesetzer bericht, déi mir an dëser Legislaturperiod an Ugrëff geholl hunn, déi mer der Kommissioun pour avis ënnerbreet hunn. Eent ass d'Iwwerschaffe vum Naturschutzgesetz vun 1982, wat souwéisou fälleg ginn ass duerch déi schonn iwwerfälleg Transpositioun an eis Législatioun vun den Direktiven iwwert de Vulleschutz an iwwert d'Habitatsgebitter. Dat Gesetz wäerte mer virum Enn vum Joer, nodeem de Statsrot säin Avis ofginn huet, kënne verabschieden. Elo virun der Vakanz geet dat net méi.

Och wa mer den Ist-Zoustand vläicht nach net esou zefriddestellend kënnen erfaassen, wéi jiddfereen dat wënscht a wéi ech et och wënschen, si mer awer net stoe bliwwen. Déi Mesuren, déi iwwert d'Energieeffizienz geholl gi sinn an och iwwert d'Promotioun vun alternativen Energien, déi sinn de toute façon net ëmsoss. Dat, wat ënnerwee ass iwwert den Energiepass a wat mer zesumme maache mat dem Fonds du Logement, dat si Mesuren, déi sinn net ëmsoss. Aus der Lecture vun deene Rapporten, déi och den Här Calmes reklaméiert huet a sengem Bericht, en Zweejoresrapport iwwert d'nohalteg Entwécklung, misst ee kënnen erkennen, opgrond vun der Evolutioun vun den Indicateuren, wéi déi verschidde Gesetzer sech an der Praxis bewäert hunn. Et musse selbstverständlech Korrekture kommen an Adaptatiounen.

Ech wëll dofir soen, dass mer an deem Débat, deen an de Généralitéiten op eng ganz grouss Acceptanz stéisst, och musse kucken, wéi mer an der Praxis eis déi beschten Handlungsmethode ginn, fir virun ze kommen.

Ech hunn am Laf vum Dag mat e puer Kolleegen doriwwer geschwat. Mir fält jiddefalls eppes op. Et ass eng Prozedur, déi sech bewäert huet an déi och opgrond vun enger PISA-Etüd, déi d'OCDE gemaach huet, iwwert d'Lëtzebuerger Ëmweltpolitik, menger Meenung no konkurrenzlos do steet an hirer Produktivitéit, an dat ass den Impakt vun den europäeschen Direktiven op eis Gesetzgebung, ergo och op eist Handelen.

Wann d'OCDE eis eng gutt Zensur ausgestallt huet – esou huet se gesot –, dann ass dat zu engem ganz groussen Deel op den Drock vun där Obligation de résultat, déi mat all Direktiv verbonnen ass, zréckzeféieren.

Wann ech gesinn, wéi een an deem ganze Prozess nach kann Afloss gewannen, och vun der Chamber hier – et ass jo eng Fro, déi lech beschäftegt –, da géing ech der Chamber recommandéieren, als och een, dee gewielt ass, mä deen déi Funktioun net assuméiert – an ech géing do un eng Propositioun erënneren, déi ech d'Geleeënheet hat fir dem Statsminister Juncker 1996 an de Bericht iwwert d'Relatioun tëschent dem Parlament an den europäeschen Institutiounen dran ze schreiwen –, dass d'Kommissioun sech vläicht muss d'Mëttele ginn, fir déi Direktiven, déi an der Virbereedung sinn, alleguer méi detailléiert ze liesen an eis da virun de Conseilssitzungen hir Suggestioune mat op de Wee ze ginn.

Dänemark ass jo e Land, wat éischter als euroskeptesch gëllt. Et ass awer dat Land komescherweis, wat d'Direktiven am allerrapidste ratifizéiert. Firwat maache se dat? Dat ass zréckzeféieren op eng typesch dänesch politesch Kultur. Et ass e Land, wat vill mat Minoritéitsregierungen ze dinn huet. Dofir sti se och nach vill méi ënnert dem Versuch vun hirem Parlament, fir méi genee suivéiert ze ginn. D'dänesch Regierung geet ni an e Conseil, wou iwwer eng Direktiv Rieds geet, ouni dass se den Avis vun der Commission pour les Affaires européennes vun hirem Folketing ageholl hunn. Vläicht kënne mir eis iwwerleeën, ob déi Saachen, déi Dir en vrac kritt, duerginn, ob d'Notes indicatives, déi automatesch dermat verbonne sinn, net musse méi detailléiert ginn, net méi affinéiert ginn, wat hiren Impakt op eis Lëtzebuerger Gesetzgebung, op eist institutionellt Gebahren an duerno och an der Praxis ubelaangt.

Ech wollt jiddefalls der Chamberskommissioun fir den Environnement an och deenen anere Kommissiounen dat nach eng Kéier rappeléieren an och do den Zesummenaarbechtswëlle vun eisem Departement erneieren.

Wat de Kyoto-Protokoll ubelaangt, bedaueren ech grad wéi eenzel Virriedner dat gemaach hunn, dass bei Kyoto dat allergréisste Land, wat fir 35% vun den Zäregase responsabel ass, net matmécht, mä ëmmerhin ass et deen éischte contraignanten internationalen Text, deen d'Länner obligéiert zréckzefueren an den CO2-Ausstouss ze normen, an zwar op een Niveau, deen däitlech ënnert deem ass vun 1990.

Aus der Lecture vun der ganzer Geschicht vu Kyoto säit 1997 bis elo erkenne mer ëmmer méi d'Noutwendegkeet vun enger Gouvernance mondiale. Ënnert den Auspizië vun der UNO komme periodesch Impulser. Hei ass ee vun den Impulser, deen zu positive Resultater gefouert huet, och wann e wahrscheinlech net wäit genuch geet. Déi, déi dee Prozess blockéieren, déi si mat responsabel fir déi grouss Onzefriddenheet, déi et an der Société civile gëtt, déi sech och ëmmer méi um globale Plang artikuléiert.

Eis Welt ass méi komplizéiert ginn. Se ass méi komplex ginn. Fir ze ënnersträichen, dass et net nëmme just eng Verantwortung ass vun de politeschen Acteuren, wëll ech un e Saz erënneren, deen de Lionel Jospin virun e

puer Méint gesot huet, wéi en iwwert d'Problematik vum Développement durable geschwat huet, wou e sot, dass et net nëmmen un der Politik ass, fir Äntwerten ze liwweren, mä och un den ekonomeschen Acteuren. An zwar huet en drun erënnert, dass ënnert den honnert éischten ekonomesche Puissancen op der Welt et 49 Staten an 51 Entreprisë gëtt. Dat ënnersträicht déi enorm Verantwortung, déi op den ekonomeschen Décideuren an Acteure rout.

Dir hutt alleguer op d'Noutwendegkeet higewisen, fir lokal, national a global ze handelen. Ech ka mech deem nëmmen uschléissen.

Ech wëll zum Schluss, Här President, fir am Respekt vun deene 40 Minutten, déi Dir dem Här Berger a mir ginn hutt, ze bleiwen, nach eng Kéier de Wonsch ausdrécken, dass mer bei allen Differenzen, déi mer duerno bei der Implementatioun vun den Imperativen a puncto Nohaltegkeet kënne kréien, eis alleguer d'Wuert solle ginn, dass dat Ganzt net an eng Liewensraumdebatt ausaart, wou een eng Partie Attributer erëmfënnt, déi et schonn an Debatte virdru gouf.

Ech erënneren un d'30er Joren, wou ee Vollek gemengt hat, et hätt net Liewensraum genuch, wat décke Quatsch war, mä wéi dat laang genuch thematiséiert an artikuléiert ginn ass, hunn der genuch dru gegleeft, fir dat an déi Katastroph ausaarten ze loossen. Déi Zort vu Pollutioun, déi ech zu där schrecklechster géing zielen, op déi kënne mer ganz gäre verzichten. Déi Debatt vun haut, déi duerch e ganz grousse Grad vu Sachlechkeet gekennzeechent war, ass vläicht schonn en éischte Vaccin, fir eis dergéint ze immuniséieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zum Vote iwwert d'Motiounen, déi während der Debatt agereecht an explizéiert gi sinn.

D'Motioun 1 ass vum Här Alex Bodry abruecht ginn. D'Wuert huet den Här Calmes.

Motion 1

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Här President, ech wollt just soen, dass d'Motioun 1 dat erëmgëtt, wat och an eiser Motioun steet. Ech gesi kee groussen Ënnerscheed an an deem Sënn wëll ech den Här Bodry froen, ob e seng Motioun net zréckzitt en faveur vun der Motioun 5, wou alles dran ass.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, erlaabt, dass ech e bëssen eng aner Interpretatioun vun eisem Text hunn.

An eisem Text ass eng ganz Rei vu prezise Punkten dra wéi zum Beispill d'Ausschaffung vun engem Gesetz. Et sinn Délaien dran. Déi Prezisioune fannen ech net an der Motioun vun der Majoritéit erëm an dofir halen ech drop, dass eis Motioun zur Ofstëmmung kënnt.

M. le Président.- E Vote électronique ass gefrot.

Vote

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass mat 32 Nee-Stëmme géint 24 Jo-Stëmmen an 1 Enthalung ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Nico Loes), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

S'est abstenu: Jean Colombera.

Mir kommen zur Motioun 2, déi vum Här Camille Gira abruecht ginn ass. D'Wuert huet den Här Emile Calmes.

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Här President, hei gëllt datselwecht wéi fir déi éischt Motioun. Mir mengen, dass eis Motioun méi komplett ass an d'Synthèse, déi mer an der zoustänneger Kommissioun gemaach hunn, besser erëmgëtt wéi déi Motioun hei, déi just ee Punkt aus dem Rapport erëmgëtt a sech dorop aschéisst. Mir kënnen déi Motioun an deem Sënn net guttheeschen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, mir géifen déi Motioun matdroen, wann ons gréng Kolleegen d'accord wären am Dispositif ze soen: „invite le Gouvernement à suspendre tout nouveau grand projet de construction routière". Ech mengen, déi gréng Kolleege waren domat d'accord, esou wäit ech dat verstanen hat.

Merci.

M. le Président.- Mir stëmmen iwwert d'Motion modifiée of. Esou wäit ech gesinn, sinn déi gréng Kolleegen d'accord mat där klenger Ännerung, déi den Här Fayot virgeschloen huet.

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés

– *considérant que la Commission de l'Environnement estime dans son rapport concernant le débat d'orientation sur le développement durable au Luxembourg „qu'il faudrait suspendre tout nouveau projet de construction routière" et qu'il faudrait d'abord „attendre les résultats et les aboutissements du projet IVL et du programme mobilitéit.lu";*

– *considérant que dans le même rapport, la commission exprime sa crainte „qu'une poursuite irréfléchie d'investissements en matière d'infrastructures routières ne constitue une hypothèque pour les générations futures" et que „des projets comme la tangente Ouest ou l'extension du réseau autoroutier à trois voies risquent de se démontrer comme investissements inefficaces et donc superflus";*

– *constatant, comme le fait la commission, que „par le passé, il s'est avéré que de nombreux investissements ont simplement retardé, ajourné, voire déplacé le problème qu'ils auraient dû résoudre immédiatement";*

– *considérant que d'après l'étude du Sustainable Europe Research Institute (SERI) sur les conséquences d'une augmentation sensible de la population à l'horizon 2050 sur l'environnement, l'extrapolation des tendances des années '90 conduirait à un décuplement des émissions de CO_2 par le trafic routier;*

– *considérant que l'étude SERI conclut qu'il y a urgence d'agir dans le domaine du trafic routier pour découpler la croissance du transport routier de la croissance économique;*

invite le Gouvernement

– *à suspendre tout nouveau grand projet de construction routière, comme notamment la tangente Ouest et l'élargissement du réseau autoroutier à trois voies, pour la durée de l'élaboration du concept global IVL.*

(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.

Iwwert déi Fassung vun der Motioun géife mer dann ofstëmmen.

Vote

Déi derfir sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, stëmme mat Nee oder enthale sech.

D'Motioun 2 ass ofgelehnt mat 34 Nee-, 19 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

M. Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Nico Loes), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Niki Bettendorf), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean-Pierre Koepp.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling.

Motion 3

Mir kéimen dann zur Motioun 3, och vum Här Camille Gira.

Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Wat d'Motioun 3 ugeet, wollt ech proposéieren, datt déi soll zréckgezu ginn. Ech mengen, d'Virgeschicht kennt Der ganz einfach; opgrond vun deenen Diskussioune vum Kyoto-Protokoll hat den Här Gira scho sengerzäit eng Motioun eraginn, déi eng Etüd gefrot huet iwwert déi wirtschaftlech, déi finanziell Aspekter an d'Ëmweltaspekter vum Tanktourismus am Generellen.

Hien hat och am Kader vun enger anerer Diskussioun déiselwecht Motioun, déi en haut erabruecht huet, eraginn. Déi zwou Motioune waren un d'Ëmweltkommissioun verwise ginn. Mir hu ganz laang doriwwer diskutéiert, dat heescht eng ganz Séance mat deenen zwou Motioune verbruecht. Ech hat mech hierginn, fir eng Alternativ oder eng Synthèse aus deenen zwou Motiounen do ze maachen. Et ass awer gemengt ginn,

mir solle virdrun déi aner Kommissiounen domat befaassen, déi mat deem Sujet hei ze dinn hunn. Mir hu se ënner anerem an d'Bautekommissioun verwisen, déi, mengen ech, an der Zwëschenzäit eng Décisioun geholl huet, mä déi aner Kommissiounen, déi hei domat ze dinn hunn, mengen ech, hu sech nach net domat befaasst.

Opgrond vun deenen neie Considératiounen, mengen ech, soll een awer hei domat ofwaarden, bis mer eng definitiv Entscheedung an der Kommissioun geholl hunn. An deem Sënn géif ech den Här Gira bieden d'Motioun zréckzehuelen.

M. le Président.- Ja, Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech kennen den Historique vun där Diskussioun iwwert den Tanktourismus am Allgemengen an iwwert déi Tankstell op der Saarstrooss am Speziellen.

Ech hunn éinescht a menger Ried selwer gesot, dass mer an der Ëmweltkommissioun praktesch e Konsens haten, dass mer déi zwou Motioune sollten zesummen tesselen an déi dann an de Plenum bréngen. Dat lescht, wat ech dono vun der Majoritéit gelies hunn, war dass d'Bautekommissioun vun därselwechter Majoritéit sech mat deenen zwou Motioune beschäftegt huet a se ofgelehnt huet an lech e Bréif geschriwwen huet.

Ech hunn dat esou interpretéiert, dass fir d'Majoritéit déi zwou Motiounen domat gestuerwe wären. Wann den Här Calmes mer elo seet, dass dat net esou ass, dass déi zwou Motiounen nëmme fir d'Bautekommissioun vun dëser Majoritéit gestuerwe sinn, dass awer eng Bereetschaft do ass, an der Ëmweltkommissioun oder an der Finanzkommissioun nach eng Kéier iwwert déi zwou Motiounen, déi en relation mam Tanktourismus stinn, ze diskutéieren, da sinn ech selbstverständlech...

(Interruption)

Neen, da loosst mech schwätzen, Här Schummer, ier Der...

Nee, dann hunn ech selbstverständlech kee Problem. Eis geet et drëm, fir dat Thema Tanktourismus endlech sachlech unzegoen, wat dat vun Auswierkungen huet.

(Interruption)

Här Scheuer, wann een dat weiderhi kann an dësem héijen Haus maachen, dann hunn ech kee Problem déi Motioun zréckzezéien, zur Konditioun, dass selbstverständlech déi aner zwou, déi ech agereecht hunn, nach ëmmer aktuell sinn an dee Wee ginn, deen den Här Calmes elo virgezeechent huet.

M. le Président.- Wéi ass d'Meenung vun der Chamber?

Si gëtt also zréckgezunn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, neen.

...seet vun der CSV de Contraire...

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech wéisst gären, Här President, et ass hei vum Här Calmes gefrot ginn, dass déi Gréng sollen hir Motioun zréckzéien.

Ech froen, ob déi Gréng bereet sinn d'Motioun zréckzezéien.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, an d'Kommissioun ze verweisen dann.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, et ass gefrot ginn, fir se zréckzezéien.

Une voix.- Neen, den Här Calmes huet gesot, fir se zréckzezéien.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Ech mengen, den Här Weiler wëllt mer nun einfach net nolauschteren, wat ech hei soen.

Ech hu gesot, wann zréckzéien heescht, dass fir d'Majoritéit déi zwou Motiounen, déi ech schonn zu engem fréieren Zäitpunkt eng Kéier eragereecht hunn, net definitiv gestuerwe sinn, mä dass se eigentlech dee Wee sollte maachen, dee festgehale gi war, dass d'Finanzkommissioun nach soll driwwer befannen, dass duerno d'Ëmweltkommissioun d'Synthèse mécht vun de Positioune vun der Bautekommissioun, der Finanzkommissioun an da selwer kuckt, wat se domat mécht, dann hunn ech kee Problem déi heite Motioun zréckzezéien.

Ech zéien déi heite Motioun zréck, wann déi aner zwou net caduques sinn. Dat ass jo kloer.

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Si brauch net an eis Kommissioun verwisen ze ginn, well si ass schonn do.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Elo versteet kee méi eppes.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Wat heescht dat do?

M. le Président.- Also, ass d'Motioun zréckgezunn?

(Brouhaha général)

Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun.

Une voix.- Komm mir zéie se zréck.

M. le Président.- De Vote fänkt un.

Vote

Déi derfir sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, stëmme mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 37 Nee-, 6 Jo-Stëmmen a 14 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling (par M. Théo Stendebach), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

Se sont abstenus: Mme Maggy Nagel;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera et Robert Mehlen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Här President.

M. le Président.- Den Här Scheuer huet d'Wuert gefrot.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Ech wëll d'Abstentioune motivéiere vun eisem Grupp. Dat ass ganz einfach. Ech bedaueren, datt den Här Gira sech elo net der Propositioun ugeschloss huet, fir dee Problem, deen an der Motioun zur Sprooch kënnt, nämlech dee vum Tanktourismus, eng Kéier seriö an alle Facetten ze diskutéieren.

(Interruption)

M. le Président.- Da loosst dach den Här Scheuer ausschwätzen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Wat Dir hei proposéiert an där Motioun, dat ass eppes ganz Eesäiteges, eppes Lokales. Dir bezitt et just op déi Tankstell, déi un der Saarstrooss soll gebaut ginn. Dir bezitt lech op dat, wat vum Gemengerot vu Mondorf...

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Op de Rapport vun der Ëmweltkommissioun bezéien ech mech, Här Scheuer.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Dir bezitt lech op dat, wat zu Biermereng gestëmmt ginn ass. Dir bezitt lech op d'Biergerinitiativ, déi dergéint ass. Dir bezitt lech net op dat, wat vu Rëmerschen, zum Beispill, kënnt. Dir baut déi Motioun net an an déi grouss Problematik vum Tanktourismus.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Dach, liest se emol, Här Scheuer.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Är Vue iwwer Kyoto ass ganz enk an ass absolut net ze vertrieden, net duerchzehalen, genausou wéineg wéi déi iwwert d'Taxen.

Ech bedaueren, datt Der hei probéiert op eng relativ populistesch Aart a Weis...

(Hilarité)

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Erkläert deene Leit vu Biermereng dat. Gitt Dir dat an Ärem Wahlbezierk erklären. Mir hunn do kee Problem domat.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- ...dee Problem do zur Diskussioun ze bréngen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Dee Punkt ass ofgeschloss.

Motion 4

Mir kommen elo zur Motioun 4 vum Här Emile Calmes. Déi Motioun läit lech och am Text vir.

Den Här Alex Bodry freet d'Wuert zu där Motioun.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, ech hunn d'Problematik schonn a menger Interventioun ugeschnidde gehat. D'Fro, ob mer e Gesetz brauchen iwwer nohalteg Entwécklung a wat den Inhalt vun deem Gesetz ugeet.

Ech stelle fest, dass par rapport zu deem Projet de motion, dee mer an der Ëmweltkommissioun virleien haten, hei keng Änneruge virgeholl si ginn, dass et also sech soll reng ëm e Gesetz handelen, dat Pläng virgesäit, dat Prozedure virgesäit, déi awer inhaltlech eigentlech d'nohalteg Entwécklung net weider dreift, zum Beispill de Précautiounsprinzip net soll festgeschriwwe ginn dran, de Verursaacherprinzip net soll dra festgeschriwwe ginn.

Ech mengen, dass an deem Sënn, wann dat esou verstanen ass wéi et hei steet, dass esou e Gesetz iwwerflësseg ass an eigentlech souguer kënnt en Alibi duerstellen, fir elo net direkt dee Conseil supérieur, dee Comité, an d'Liewen ze ruffen, an duerfir wäerte mer als sozialistesch Fraktioun deen heiten Text net stëmmen.

M. le Président.- Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 4.

Vote par main levée

Wien derfir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et ass keen Zweifel, eng grouss Majoritéit ass dofir. D'Motioun ass ugeholl.

Motion 5

Dann huele mer d'Motioun 5, och vum Här Emile Calmes.

Den Här Gira freet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, den Här Fayot huet elo éinescht gesot: „Mir missten eis an dësem

Haus elo emol eng Kéier eens ginn, wat de richtege Statut vun engem Rapport wier vun engem Rapporteur an esou engem Débat."

Ech stellen nom Vote iwwert dës Motioun op jidde Fall fest, dass de politesche Statut vun esou engem Rapport gläich null ass. Wann hei aacht Deeg, nodeem eng Majoritéit e Rapport ugeholl huet, d'Motiounen ofgelehnt ginn, wou net méi an net manner dra steet, souguer textuell, wéi dat, wat an deem Rapport stung, dann ass fir mech de politesche Wäert vun esou engem Rapport gläich null.

De Mouvement écologique huet gëschter e ganz gudde Communiqué gemaach, wou e gesot huet, dass nieft de wëssenschaftlechen Indicateuren zum Développement durable een Indicateur ganz wichteg wier, dat wier dee vun der politescher Glafwürdegkeet. Ech bedaueren et wierklech, dass, nodeem an deene leschte 14 Deeg Substanz an déi Diskussioun komm war, dass endlech iwwert déi grouss Erausfuerderung, déi mer zu Lëtzebuerg hunn am Transportberäich, am Flächeverbrauch an esou weider et fäerdeg gi bruecht war, dank och dem Asaz vum Rapporteur, an deem Rapport wéinstens e puer konkret Aussoen ze maachen, déi vun der Majoritéit gestëmmt si ginn, dass et aacht Deeg drop net méi méiglech ass textuell déiselwecht Sätz an eng Motioun ze faassen an déi ze stëmmen.

Dat ass kee gudden Ufank fir dëse Prozess, vun deem den Här Statssekretär geschwat huet, wou e gesot huet, haut wär den Ufank vun dësem Débat. Här President, hei huet elo schonn de Hunn dräi Mol gekréit. Dat ass wierklech net ganz gënschteg fir dësen Débat.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 5.

Vote par main levée

Déi dofir sinn, si gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Déi grouss Majoritéit ass dofir. Domat wier d'Motioun 5 ugeholl.

4. Dépôt d'une motion *(Suite)*

Da komme mer un eng aner Motioun. Et ass eng Motioun ouni Nummer. Et ass d'Motioun, déi den Här Marco Schank agereecht huet. Si ass lech ausgedeelt ginn. Dir hutt se alleguerte virleien.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, wann all d'Fraktiounen d'accord sinn, dass mer elo schonn iwwert déi Motioun ofstëmmen, da solle mer dat maachen. Wann awer eng Fraktioun Problemer huet, da kënne mer dat och d'nächst Woch eréischt maachen.

(Interruptions diverses)

Wa kee Problem ass, da kënne mer ofstëmmen. Au vote, Här President!

M. le Président.- Mir stëmmen elo of.

Vote par main levée

Wie fir déi Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Wat den Ordre du jour vun der nächster Woch ubelaangt, esou schléit d'Presidentekonferenz lech folgenden Ordre du jour vir:

Mir tagen d'nächst Woch en Dënschdeg, den 9. Juli, um dräi Auer, e Mëttwoch, den 10. Juli, um halwer dräi an en Donneschdeg, den 11. Juli, moies um néng an nomëttes um halwer dräi.

Um Ordre du jour steet fir en Dënschdeg:

– de Projet de loi 4464A a 4464B iwwert d'Geometeren an de Kadaster,

– de Projet de loi 4945 iwwert de CECA-Vertrag.

E Mëttwoch um halwer dräi:

– de Projet de loi 4767 iwwert de Flughafen,

– de Projet de loi 4872 iwwert d'Incapacité de travail.

Den Ordre du jour gëtt deen Dag évacuéiert, och wann et iwwer siwen Auer owes erausgeet.

En Donneschdeg Moien um néng Auer an nomëttes um dräi Auer:

– de Projet de loi 4899 iwwer Esch/Belval,

– de Projet de loi 4753 iwwert de Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe,

– de Projet de loi 4844 iwwert d'Concurrence déloyale,

– de Projet de loi 4714 iwwert den Transport.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass den nächsten Dënschdeg um dräi Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.34 heures)